Esou as et haut e Fait, dass eng zounehmend Zuel vu Gesetzter a Reglementatiounen, déi um europäeschen Niveau geholl gin, vun de Bürger vun de 9 Mitgliedstaate befollecht a respektéiert musse gin. Wat awer d'Zuel vun europäesche Reglementatiounen méi grouss gët, déi vum Conseil des Ministres vun der Kommunautéit geholl gin, esou gët et ëmmer méi indispensable, dass hir Préparatioun an hir Applicatioun enger effiacer demokratescher Kontroll vun direkt gewielte Parlamentsvertreider vun alle Mitgliedstaaten ënnerworfen gin. Wann de virleierende Projet vun der Direktwal keen iwwerscheimenden Optimismus zouléisst a keen Allheilmittel as, fir déi wichteg virleidend Problemer ze léisen, dann as et awer e Fortschrëtt, well duurch dës Elektioun d'Parlamentarier eng gewëss Autoritéit kréien als direkt gewielt Volleksvertreider, fir déi uewegenannt demokratesch Kontroll méi effiacer ausüben ze kënnen an all hir Efforten op dës wichteg Aufgaben konzentréieren ze kënnen, well de Prinzip vum dueble Mandat as laut dësem Projet gin. Duerfir kënnen op dës Manéier all Efforten op dës wichteg Aufgabe vun de gewielten Europaparlamentarier konzentréiert gin, wougéint déi heiteg Ausübung vum Mandat éischter als e Mandat

zweeter Klass ugesi ka gin. Mir wëllen nët verheemlechen, dass mat dem Vote vun den heitegen Approbatiounen déi wichtig Fro vun der Erweiterung vun de Pouvoire vum direkt gewielten Europaparlament nach guer nët geléist as.

Dat institutionnelt Gläichgewicht kann nëmme verbessert gin, wann dat direkt gewielt Europaparlament erweidert Pouvoiren zouerkannt kritt. Duerfir héiert een oft, dass et eng Farce wär, elo en Europaparlament ze wielen, wann nët automatesch dat Europaparlament no der Direktwahl erweidert Pouvoire géng kréien.

Bis zum heitege Moment sin d'Pouvoire vum Europäesche Parlament zwar limitéiert, hun awer schon eng gewëss Importenz, well d'Europaparlament un der legislativer Aarbecht vun der Europäescher Kommissioun deelhëlt, andeem et obligatoresch zu alle gesetzleche Reglementatiounen konsultéiert gët.

Budgetäresch spillt d'Europaparlament haut schon eng determinant Roll, andeem et mat der Europäescher Kommissioun an dem Conseil des Ministres vun de 9 de Budget vun der Communauté etabléiert. Dës weideren huet d'Europaparlament eng allgemeng Kontrollkompetenz, an dat nët nëmme op d'Europäescher Kommissioun, déi et durch e Misstrauensvotum zu Fall brénge kann, mä och op individueller Basis op de Conseil des Ministres vun der Gemeinschaft, mat deem en Dialogue leeft.

Duerfir géng ech gär als Konklusioun zu där vum Lëtzebuerger Bürger gestallt Fro soen, dass, esouguer wann d'Pouvoiren vum EP limitéiert, si dach genügend wichtig sin, dass déijéineg, déi dës Pouvoiren exzerzieren, direkt gewielt solle gin. Et as och an deem Sënn, dass méng Fraktioun dës Virloer stëmmt.

E weidert Argument fir d'Direktwahl as d'Tatsaach, dass déi europäesch Politik sech ëmmer méi verléiert an Diskussiounen vun Experten an Technokraten, an et wär wichtig, dass mir mat dëser Direktwahl vum EP et fäerdeg bréngen, dem EP en neien Elan ze gin, en Elan, dee mir dréngend brauchen, fir déi vill pendent Problemer ze meeschteren.

Eng zweet Fro, Här Präsident, déi vun onse Bürger oft un ons gericht gët, as déi, wat d'Direktwahl en Afloss op d'Zukunft vum Bürger am Allgemengen kënn hun. De Bürger as mat Recht skeptesch, dass et der Europäescher Gemeinschaft entgéint hirem Grëndungsvertrag nët gelongen as, bis elo eng gemeinsam Politik am Beräich Währung, Steieren, sozial Sécherheet, Energie, Regionalpolitik a Verkéierswiesen ze entweckelen. Mat Recht weist de Bürger drop hin, dass déi eenzeg gemeinsam Politik fir d'Landwirtschaft realiséiert gin as, an dass och do nach enorm Problemer sech ergin hun, besonnesch wat d'Akommesdisparitéiten ugeet, déi ëmmer nach bestin. Och d'Landwirtschaft as trotz hiren Erfolleg als Sektur, deem am weitesten avancéiert as an onser Intéegratioun, wéinst der feelender Politik op anere Gebitter méi wéi je gefährdet, sou dass déi landwirtschaftlech Professioun sech grouss Suerge mécht an eng Hoffnung dra setzt, dass durch de Prinzip vun der Direktwahl en neien Elan soll entstoen an am EP kënn ausgeléist gin. Si begrëssen dat ganz bestëmmt.

Vill aner lëtzebuerger Bürger sin awer enttäuscht, datt d'Gemeinschaft weder an der Fro vun der Weltwährungsuerdnung nach bei der Beseitigung vun der Energiekris e gemeinsame Standpunkt festleë konnt. Et gët allgemeng

vum Bierger bedauert, datt de Vertrag, durch deen déi Europäesch Gemeinschaft geschaf gin as, ganz oft kommerziellen Interesse gedéngt huet. De Bierger bedauert, datt bis elo d'Europa vum Wuereenaustausch méi am Virdergrond stong wéi de mënschlechen Aspekt, dat heescht en Europa, wou d'Staatsbürgerrechter, d'Wirtschafts- an d'Sozialrechter priméiert hätten. Mir mussen also feststellen, datt trotz deene bis elo gemaachten Ustrengungen iwwerall an der Gemeinschaft an och an den eenzelne Mitgliedsstaaten an trotz de gemaachte Fortschréiter mir nach weit vum Ziel ewech sin, dat mir ons gesat haten. Ongerecht Gesellschaftsstrukturen, eng ongleich Akommes- a Vermögensverdeelung an ongleich Chancen an Zougangsméiglechkeeten zu Wëssen a Muecht, wann och an ënnerschiddleche Moossen, stellen ëmmer nach Obstacelen op onsem gemeinsamen Wee duer.

Dës Direktwahl, déi mir an de kommenden Deeg am Prinzip stëmme, as fir ons Sozialisten e weidere Schrëtt, fir e grësseren Afloss op d'Gestaltung vun der Zukunft vun onse Bierger ze kréien an dofir ze kämpfen, dass d'Beseitigung vun de virgenannten Ongerechtegkeeten an Ongleichheeten an domat iwwer en direkt gewielt Europäesch Parlament eng méi harmonesch Entwécklung vun onser Gesellschaft erbeigeféiert ka gin.

Mir demokratesch Sozialiste sin ons voll bewusst, dass mat der Direktwahl vum Europaparlament d'Problemer nach wie vor nët geléist sin an déi Europäesch Gemeinschaft institutionnelt de Provokatiounen vun onser Zäit nach nët gewuess as. Dese positive Votum, deem all Parteien, mat Ausnam vun de Kommunisten, zoustëmme, as duerfir fir ons all eng Verpflichtung, an onse Bestriewungen nët nozeloossen, fir d'Handlungsméiglechkeeten vun der Europäescher Gemeinschaft ënnert der Kontroll vun engem demokratesch gewielte Parlament auszubauen.

Ech soen iech Merci.

M. le Président. La parole est à l'honorable M. Grégoire.

M. Grégoire. Monsieur le Président. Trois de mes amis politiques sont venus présenter ici les idées concernant les élections européennes à venir. Je ne voudrais donc plus insister ni sur les questions concernant la procédure, la technique ou les modalités des élections. Je voudrais plutôt présenter un certain nombre d'aspects qui ont été négligés, omis peut-être, ou qui ne sont pas assez accentués. Ce sont des aspects qui me sont propres et qui n'engageront pas forcément mon parti, parce qu'on a été dès le départ représentant de son pays à Strasbourg, et cela pendant presque une dizaine d'années, on est certainement un observateur très intéressé de tout ce qui se passe maintenant dans cette Communauté Européenne en état pré-électoral, c'est-à-dire qu'on est forcé de par la force même de ses souvenirs ou de ses activités antérieures à écouter des discours qui se font et à lire des articles de presse qui se publient un peu partout. Lorsqu'on le fait avec une certaine conséquence, on constate depuis plusieurs mois, depuis un an presque, qu'il y a une certaine euphorie parmi ceux qui s'intéressent directement à ces élections européennes. Une euphorie qui s'exprime parfois par des euphémismes sur lesquels on peut évidemment faire des réflexions, si ces euphémismes sont

vraiment justifiés. Quand on sait que déjà en 1952 le premier Traité de la Communauté Charbon-Acier avait prévu cette possibilité des élections générales européennes et qu'on avait tout simplement omis de les réaliser, de réaliser cette possibilité, que seulement vers 1967 on a commencé à se rendre compte que l'unification progressive de l'Europe était en quelque sorte impossible sans la participation active des peuples intéressés et qu'à partir de 1967 elle a dû attendre encore une dizaine d'années, afin d'en arriver à cette préparation des élections générales au suffrage universel que nous sommes en train maintenant de discuter dans ses modalités et ses perspectives.

Je me demande toujours si nous avons vraiment eu raison d'être optimistes au sujet de ce qui se réalisera après les élections prévues pour l'année prochaine. Vous avez pu constater en suivant la presse internationale qu'il y a eu des réactions. On en a parlé cet après-midi, ainsi le journal "Le Monde" qui a parlé de ce "Polit-Folklore" concernant ces élections qui seraient de fausses élections comparables à celles qui se pratiquent dans certains pays à système autoritaire.

Vous connaissez la position de la jeunesse dans presque tous les pays qui nous entourent et qui sont membre de la Communauté européenne. La jeunesse qui a une position, sinon de refus, du moins une position d'indifférence parfois caractérisée, mais en général on a pu constater, et cela a déjà percé dans différents discours qui ont été faits ici sur cette tribune, on a constaté une certaine perte de popularité en ce qui concerne le problème européen. On parle même parfois encore d'utopie, mais s'il y a encore une utopie qui existe chez certains partisans d'une plus grande Europe, c'est surtout le rêve d'un plus grand bonheur matériel dans le domaine de la jouissance et de la consommation.

Mais il y a surtout en ce qui me concerne, lorsque je cherche à décrire la situation dans laquelle se trouve l'Europe que nous discutons, un certain recul du sens humaniste et un peu de désarroi devant les structures injustes de notre société, avec une certaine conséquence. C'est une déchéance morale qui est visible pour chacun qui veuille bien prendre connaissance de cet état de choses. D'ailleurs, la vulnérabilité de notre Communauté européenne est bien visible elle aussi, parce que, vous l'avez entendu cet après-midi, mon ami Pierre Werner l'a dit, M. Hansen en a parlé aussi, c'est que la prospérité économique est dépendante de facteurs qui échappent encore à notre contrôle. Nous avons constaté que les problèmes cruciaux existent toujours en ce qui concerne l'énergie, la technologie, la politique régionale, la politique sociale, l'environnement. Je ne parle pas même de transport et surtout le problème de la sécurité.

Nous avons évidemment réussi à faire et à parfaire à ce qu'on dit l'union douanière, mais même cette union-là a de multiples défauts. Le marché agricole qui s'épuise en quelque sorte dans une jungle de prescriptions et, pour vous nommer un seul exemple très concret, cette fameuse université européenne que nous avons créée à Florence, c'est une très grande déception pour ceux qui ont travaillé à faire créer cette université. Au lieu d'enseigner toutes les disciplines, à Florence, on en enseigne seulement quatre, c'est-à-dire l'économie, la sociologie, le droit et l'histoire, et au lieu

d'avoir à Florence des milliers et des milliers d'étudiants, nous en avons exactement 70.

Evidemment on peut dire, lorsqu'on constate ces faits, il y a peut-être des fautes qui ont été commises, mais des fautes qui peuvent être rectifiées. Il n'est pas trop tard de le faire, seulement il faut se rendre compte que ces fautes ont été commises, qu'il y a des défauts qu'il faut chercher à éliminer. Et la première faute commise pour moi, c'est qu'on a commencé à faire l'unification de l'Europe en commençant par en haut, on continue à le faire par les Etats qui ne sont pas quelque chose de vivant, et qu'on a transmis les pouvoirs à des technocrates, des eurocrates, des bureaucrates et des techniciens. Mais l'unification se fait seulement dans le concret par le bas, en agissant sur l'individu, sur le citoyen en cherchant par une mutation longue, lente, permanente à en faire réellement un citoyen européen. Car les valeurs individuelles fondent l'identité européenne et elles s'expriment dans et par un continent d'hommes libres, agissant dans la justice réalisée.

Ceci dit, Monsieur le Président, il y a de l'autre côté les élections générales par suffrage universel qui seront pour moi la première légitimation de nos intentions de démocratisation. Faire l'Europe par le bas, c'est-à-dire sacrer les citoyens européens qui seraient et qui seront gardien d'une grande cité. Les élections constituent certainement un défi lancé à tout ce qui sent et à tout ce qui pense européenement, mais c'est aussi une heureuse provocation faite à tout le monde, invité à sortir des ornières égoïstement nationalistes. Et pour moi elles seront encore intestes à double titre. En dehors évidemment des effets que j'ai déjà présentés sur cette tribune, les effets directs, choques psychologique, coups de fouet donnés par les élections à suffrage universel.

Mais les tests directs pour la liberté réelle de circulation — je ne parle pas seulement des choses et des hommes — mais je parle surtout de la libre circulation des idées. Le deuxième test concerne la crédibilité de la nouvelle Assemblée, c'est une crédibilité qui sera déterminée par la liberté de circulation accordée pleinement et entièrement.

On pourrait faire objecter que le nouvel engagement civique que nous prenons n'a pas été préparé. L'information et la formation à ce sujet ont été déficitaires ou encore même faites comme prévu, les élections resteront affaire nationale, et l'Assemblée dite européenne ne sera que la somme des élus nationaux sans autre consistance. Ou encore peut-être qu'elles auront lieu à la date proposée, mais ce ne sera pas une manifestation de la volonté unanime des Européens, parce qu'il y aura certainement des millions et des millions d'abstentionnés. Mais que représentera donc cette nouvelle Assemblée ? Que représentera le nouvel élu ? Est-ce qu'il représente son parti, est-ce qu'il représente son pays, est-ce qu'il représente l'Europe, et s'il représente l'Europe, laquelle ? A qui sera-t-il responsable ? A ses électeurs, à son pays, à l'Europe ? Qui le contrôlera ? Comment s'exercera sa responsabilité et ce contrôle ? L'article 4 disant qu'il votera individuellement et personnellement sans être lié par un ordre ou par une directive quelconque.

Quelles seront les prérogatives du Parlement outre le contrôle limité et partiel du budget communautaire ?

Est-ce que le travail qu'il aura à effectuer sera vraiment en disproportion flagrante avec la machine qu'il représentera, avec ces plus de 400 élus ? Ce parlement sera-t-il toujours une assemblée de l'impuissance, sans le droit d'initiative que Tindemans avait prévu dans ses propositions ?

Monsieur le Président, ce sont là des questions qui sont à poser et qui sont surtout à re-poser lorsque le nouveau Parlement se réunira, parce que les réponses à ces questions devront venir des élus eux-mêmes. Et tout cela doit se dire en dehors de ce Parlement, en dehors de tous ceux qui sont intéressés directement à cette Assemblée. Mais en visant, il ne faut pas oublier que cette nouvelle institution démocratique européenne élargie numériquement, moralement, spirituellement — j'ose l'espérer —, et surtout dans le domaine de l'autorité, doit faire son rodage. On ne peut pas continuer comme par le passé. Ce Parlement doit faire son apprentissage et s'exercer pleinement dans les droits qu'il a, et il en a beaucoup. Il doit se faire une mentalité européenne et parfaire à cette mentalité, tout en faisant ressortir peu à peu les nouvelles dimensions européennes. Les dimensions futures de toutes les activités communautaires, et là il a un très grand domaine à cultiver. Il peut donner à ce sujet des idées, lancer des idées à tous ceux qui ont la responsabilité dans le Conseil européen, Conseil des Ministres et même dans la Commission. Et toutes ces dimensions, toutes ces distinctions à faire seront à élargir progressivement et à approfondir en permanence. C'est à partir du sein de ce Parlement que se manifesterà de plus en plus la solidarité européenne à exprimer dans la redistribution des pouvoirs, des charges et aussi des richesses et dans l'assainissement du climat social.

Un secteur trop négligé par les traités trouvera certainement son attention particulière, celui de la formation civique et de l'éducation européenne, ainsi que de l'investissement des valeurs culturelles pour l'avenir. Ce Parlement ne doit pas négliger d'accentuer la nécessité morale, historique, politique, économique de la coopération européenne avec tout ce qui appartient à l'Europe. En dehors des membres de la Communauté proprement dite, ainsi qu'avec les Troisième et Quatrième Mondes en faisant donner un contenu de plus en plus concentré au beau cadre créé à Jahundé et à Lomé. Et j'ose espérer que cette Assemblée bien informée et bien éclairée européenne, veille à ce que unité et union ne soient pas confondues avec uniformité. Que unité et union ne deviennent pas uniformité, et que les plus informés et les plus éclairés parmi ces élus s'élèveront contre les partisans d'une soi-disante unicité du siège, alors que le salut est dans la décentralisation modérée, mesurée des institutions, permettant la mise en contact avec les citoyens et la prise de contact direct avec les facteurs les plus vivants de la Communauté.

Ainsi donc, Messieurs, une nouvelle étape s'annonce. Elle n'est pas seulement l'affaire des candidats éventuels pour le Parlement européen, c'est de notre affaire qu'il s'agit, de l'affaire de tous ceux qui habitent cette Communauté. Il s'agit d'une partie essentielle de notre destin qui s'y jouera, et l'enjeu sera certainement notre foi européenne.

M. le Président. Le dernier orateur inscrit est l'honorable M. Lucius. Monsieur Lucius, vous avez la parole.

M. Lucius. Monsieur le Président, Messieurs. Nous avons à voter maintenant sur le projet de loi portant approbation de la Décision et de l'Acte portant élection des représentants à l'Assemblée au suffrage universel direct, signés à Bruxelles, le 20 septembre 1976.

Le Conseil des Communautés Européennes a donc fait droit, après presque 20 ans d'hésitation aux dispositions de l'article 138 du Traité de Rome de 1957.

Par l'élection au suffrage universel direct il est à espérer que le Parlement Européen recevra des pouvoirs de contrôle et d'initiative propre pour assurer le bon fonctionnement des mécanismes démocratiques.

Par l'octroi de pouvoirs d'initiative, le prédit Parlement recevra un véritable pouvoir et rôle d'impulsion.

La répartition du nombre des sièges entre les pays membres donnait d'abord lieu à des difficultés, alors que les grandes nations réclamaient une représentation tenant compte de leur puissance géographique, démographique, politique et économique.

Mais les autres nations ne pouvaient admettre l'application complète de la règle proportionnelle, alors que si tel avait été le cas, leurs droits découlant de leur qualité de membre à part entière de la Communauté auraient été lésés.

Le Luxembourg recevra 6 sièges sur un total de 410.

Et il a été toujours admis que le nombre de 6 est un nombre incompressible.

Cela d'autant plus qu'au moment où la Communauté ne comprenait que 6 pays, le pourcentage des Députés luxembourgeois était plus grand qu'il ne le fut après l'admission de 3 nouveaux pays à la Communauté.

Et ce pourcentage diminuera encore à la suite des élections qui auront lieu — espérons le — en 1978.

Il est regrettable que la date retenue pour les élections par le Conseil Européen de Rome le 1 et le 2 décembre 1975 ne figure que dans les considérations du Projet qui nous est soumis, et non pas dans le texte définitif.

Le Gouvernement voudra bien nous confirmer que la date initialement prévue sera maintenue.

Il est regrettable que le projet qui nous est soumis ne soit pas accompagné d'un projet portant sur la procédure électorale à suivre.

L'élaboration définitive incombe à l'Assemblée, mais la procédure sera régie dans chaque Etat membre entretemps par ses dispositions nationales.

Le Gouvernement voudra bien prendre les mesures nécessaires pour que le projet contenant la procédure de l'élection nous soit soumis le plus vite possible.

L'acte portant élection des représentants contient outre le principe de l'élection au suffrage universel direct, la répartition des sièges, des dispositions au sujet de la durée du mandat, des privilèges et immunités applicables aux membres de l'Assemblée, au sujet des incompatibilités, au sujet du mode de vote et au sujet du remplacement d'un siège devenu vacant en cours de mandat.

Nous avons donc un cadre bien circonscrit, et des difficultés sur les points prémentionnés ne pourront plus surgir.

On peut se demander si l'élection universelle directe est nécessaire.

Il n'y a pas de doute possible que tel est bien le cas.

La Communauté Européenne ne doit pas être seulement une Communauté Economique, mais elle devra pouvoir aider dans bien d'autres domaines les pays membres.

Par le passé, bien que n'ayant que des pouvoirs minimes, le Parlement Européen a rendu de grands services aux différents pays en matière sanitaire, sociale, de transports etc.

Il a été procédé à des études et à des enquêtes de la plus haute importance pour la vie sociale, en matière d'accident de travail, de maladie professionnelle, de réadaptation des personnes physiquement handicapées, en matière de surveillance de la fabrication des aliments, etc.

Notamment les petits pays n'auraient pas disposé des moyens financiers et des capacités nécessaires pour faire pareilles études.

Mais nous avons tiré grand profit de ces études.

En matière de transport nous avons pu profiter des enquêtes faites au sujet de la rationalisation et de l'harmonisation des moyens de transport, par exemple l'uniformisation des wagons, des wagonnets, contrôle des crampons, servant pour le vase par des grues, des marchandises ; on a fait des études sur l'amortissement des moyens de transport utilisés à des fins divers, et ainsi de suite.

En matière d'aliments nous avons pu tirer profit des études faites par le passé, par exemple des études sur les matières servant à garantir la conservation des organes, des citrons, une étude sur la fabrication des pâtes alimentaires, sur des eaux minérales, sur les produits utilisés dans l'industrie brassicole, et ainsi de suite.

Mais des domaines de la plus haute importance n'ont pas encore pu trouver un accord satisfaisant pour nous tous.

Tel est par exemple le cas pour la politique de l'énergie et de la politique monétaire.

Ce sera uniquement une Assemblée représentant les populations de tous les pays faisant partie de la Communauté qui pourra trouver une solution satisfaisante pour nous tous.

Et ce sera possible, même si l'Assemblée ne disposera pas au début de pouvoirs spéciaux, car la grande autorité, dont elle jouira à la suite de l'élection directe, lui permettra de prendre des mesures dans l'intérêt de nous tous.

Mais il importe de prendre une décision sur le siège de la future Assemblée.

Monsieur le Ministre compétent voudra bien nous donner des renseignements à ce sujet, si tel lui est possible.

Il voudra bien nous dire également son avis au sujet des ressortissants étrangers mais de pays membres habitant dans le Grand-Duché, alors que le but définitif qui nous est proposé ne peut être atteint que si lesdits ressortissants peuvent également voter sur des listes de leur pays.

Monsieur le Président, Messieurs, nous avons vécu 2 guerres mondiales terribles, entraînant des douleurs et des souffrances incommensurables. Nous avons vécu deux après-guerres longues, entraînant des affres et des déboires sans fin. Nous avons connu des relations internationales indignes d'hommes sages et cultivés, bien de personnes ont connu la famine et le désespoir.

Nous voulons éviter à nos enfants la répétition de ces affres et de ces douleurs. Nous sommes d'avis que le vote du

projet de loi est donc notre devoir, et pour ce motif je voterai pour ce projet de loi.

Je vous remercie, Monsieur le Président.

M. le Président. Ceci termine les interventions au sujet du projet sur l'élection du Parlement Européen, comme convenu, M. le Ministre d'Etat, Ministre des Affaires étrangères, prendra position sur ce projet et sur les interventions faites, mardi prochain à l'ingrès de la séance et la discussion générale étant terminée, nous procéderons à la lecture du texte et au vote de la loi.

- II.— a) *Projet de loi portant modification de l'article 27 de la loi du 28 mars 1972 concernant 1. l'entrée et le séjour des étrangers ; 2. le contrôle médical des étrangers ; 3. l'emploi de la main-d'œuvre étrangère. — No 2097 ;*
b) *Projet de loi modifiant les articles 5 et 6 de la loi du 24 juillet 1972 concernant l'action sociale en faveur des immigrants et créant un Conseil national de l'immigration. — No 2098. — Rapports de la Commission des Affaires sociales. — Discussion générale.*

M. le Président. Les deux projets sont connexes, de sorte que la Chambre avait décidé la semaine dernière de discuter ces projets ensemble. Il y a deux rapporteurs distincts, le premier orateur est l'honorable M. Knauf, pour le premier projet, le second rapporteur est l'honorable M. Regenwetter. Mais la discussion sera faite sur les deux projets dans leur ensemble.

Monsieur Knauf, vous avez la parole.

M. Knauf, rapporteur. Här Präsident, dir Dammen an dir Hären ! De virleiene Projet, deen ech am Numm vun der Commission sociale ze explizéieren hun, huet zum Zweck, den Artikel 27 vum Gesetz vum 28. März 1972 ze modifizéieren, dat betreffend :

1. d'Entrée an de Séjour vun den Auslänner an eisem Land,
 2. de Contrôle médical vun dësen Interessenten,
 3. den Emploi vun den auslänneschen Aarbechtskräften.
- Opklärungshalber sief an Erënnerung bruecht, wéi déi ablécklech Reglementatioun gehandhabt gin as.

Permis de Travail	Durée maximale	Champ d'application professionnel	Champ d'application patronal
A	1 Jor	1 eenzech Profess.	1 déterminéierte Patron
B	5 Jor	1 eenzech Profess.	all Patronen
C	illimitéiert	all Professionnen	all Patronen

Doniewend gët et dann nach de Permis de Travail D, deen ausgestallt gin as fir auslännesch Léierjongen a Stagiären.

Dëse Permisse waren all auslännesch Aarbechtskräften ënnerworf, mat Ausnam an op Grond vum Artikel 1 vum Règlement grand-ducal vum 12. Mä 1972, dass dës Dispo-

sitioun sech nët applizéieren op Aarbechter, déi aus de Länner vun der Communauté européenne kommen.

Den Artikel 3 vum selwechte Règlement gesäit dann och nach nieft der Dauer vun der Résidence vir, wéini de Permis de travail entzu ka gi bei enger verlängerter Absence aus dem Land, an zwar wéi follecht.

Conditions d'octroi du permis de travail			Perte de validité
Catégorie	Résidence au Grand-Duché	Occupation au Grand-Duché	Absence du Grand-Duché
A	—	—	méi wéi 3 Méint
B	—	—	méi wéi 6 Méint
C	—	—	méi wéi 1 Jor

Durch d'Ofschaffung vum Alinéa 3 vum Artikel 27 vum Gesetz vum 28. März 1972, dee virgesinn huet, dass d'Aarbeitsermächtigung u Friemaarbechter kënnent entzu gin, jee nodeem d'Situatioun um Aarbechtsmaart as, eng Bestëmmung, déi ëmmer ganz staark kritiséiert gin as, huet am Fong ni eng Uwendung fond.

Du point de vue jeweilig Situatioun, Evolutioun an Organisatioun vum Aarbechtsmaart muss d'Regierung an der Lag sin, ze decidéieren, wéini d'Permis de travail ausstellen odder ze erneiere sin.

Mat dësem Gesetz jiddefalls gin d'Konditiounen vum Permis de travail verbessert, an den Erfarunge gemäss, déi um Marché du travail gesammelt konnte gin, verwäert, an deementspreechend solle folgend Modificatiounen virgeholl gin :

1. de Séjour vun 2 Jor fir de Permis B ze kréien, gët op 1 Jor reduzéiert.
2. Fir de Permis C ze kréien, gët d'Zäit vun der Résidence an der Beschäftigungszeit vu 7 op 5 Jor verkiürzt.
3. An dësem Zesammenhang gët d'Durée nationale de validité vum Permis B vu 5 op 4 Jor erofgesat.
4. D'Durée vun der Absence aus dem Grand-Duché gët uniformiséiert, an zwar op 6 Méint, woubäi festgehalten as, dass ënnert enger Absence motivée ze verstoen as, all Absencen, déi am Zesammenhang mat der Aarbechtsplaz stin, a wou e béidsäitegen Accord zwëschen Patron an Aarbechter odder Beamte virläit, a
5. dee Friemaarbechter, deen 1 Aarbechtsjor ënnert dem Permis A virleien huet, kann direkt de Permis B ausstellen kréien, deen domat seng Beschäftigung ëm 4 Jor verlängert.

Ech mengen, eng Immigratiounspolitik muss mat Iwwerleeung a gezielt gefouerdert gin, an hei geet et am Prinzip drëm, eisen Aarbechtsmaart genee ofzestiechen, wat de feste Wille vun dëser Regierung as. Et geet hei ëm eng genee Ofgrenzung vum Permis de travail, fir d'immigriert Aarbechtskräften, also ëm Aarbechtskräften aus Länner ausserhalb de Communautés européennes, an zwar bei der :

- a) Ausstellung,
- b) Erneuerung an
- c) Entzuch vum Permis, jee no der Situatioun um Aarbechtsmaart.

Kritiken, déi a gewësse Kreesser opkomme kënnent, dass an engem Moment vu Rézessioun an enger Partie vun Industrien a Betriber vun immigréierten Aarbechtskräften iwwerhaupt geschwat gët, kann een domat entschärfen, dass sech fir gewëssen Aarbechtsbranchen hei am Land keng Lëtzebuerger interesséieren, an ech mengen domat virum allem den Héich- an Tiefbau, d'Restaurationsbetriber wéi och d'Garagen, an duerfir muss der derzäitiger Situatioun Rechnung gedroe gin, wat mat dem Projet de loi No 2097 bezweckt gët.

Här Präsident, dir Hären. Déi nei Mesure leien och an de Fuerderunge vun der Delegatioun vun den Travailleurs migrants am Cader vun der Conférence nationale de l'immigration, déi duurch d'Initiative vun der Regierung convoquéiert gi war.

Dës Neierunge leien och an der Orientatioun, déi hei an der Châmber beim Débat public geschitt as, an dat no der Déclaratioun vun der Regierung iwwert d'Politique d'immigration, den 12. Mä 1976.

Schlussendlech sin d'Orientatiounen vun der Regierung op dësem Gebitt vun der Commission nationale de l'Emploi och an hirer éischter Sëtzung vum 12. Oktober 1976 favorabel opgeholl gin.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, ënnert dem Datum vum 21.12.1976, d'Chambre des Métiers, ënnert dem Datum vum 6.1.1977, d'Chambre de Commerce, ënnert dem Datum vum 18.2.1977, d'Chambre du Travail an d'Chambre des Employés privés an engem gemeinsamen Avis vum 25.2.1977, an de Conseil d'Etat, ënnert dem Datum vum 3.5.1977, hun zu dësem Projet de loi alleguer en Avis favorabel ofgin, wéi och d'Commission sociale vun eiser Châmber an enger ganz grousser Majoritéit, sou dass ech als Rapporteur der Châmber virschloe kann, dësem Projet séng Zoustëmmung ze gin. Ech soen iech merci fir är Opmierksamkeet.

(Très bien.)

M. le Président. Le second rapporteur, l'honorable M. Regenwetter.

M. Regenwetter, rapporteur. Här Präsident, dir Hären. Déi zwee Gesetzesprojeten, déi haut zur Diskussioun stin, deen iwwert d'Ofännerung vun de Bestëmmunge vum Artikel 27 vum Gesetz vum 28. März 1972 iwwert d'Erakommen an den Openthalt vun den Auslänner, iwwert hir medezinnesch Kontroll, an iwwert d'Beschäftigung vun auslännescher Aarbechtskraaft, an iwwert d'Ofännerung vun den Artikelen 5 a 6 vum Gesetz vum 24.7.72, iwwert d'sozial Moosname fir Friemaarbechter, an iwwert d'Schaffung vun engem Conseil national de l'Immigration, sin zwee weider Schrëtt op dem laange Wee fir d'Integratioun vun de Friemaarbechter an eis Gesellschaft, an domat d'Gläichstellung vun de Friemaarbechter mat der einheimischer Bevëlkerung ze favoriséieren.

Et as dëst eng absolut Noutwendegkeet, virum allem aus mënschlechen Iwwerleeungen, awer och aus wirtschaftlechen Iwwerleeungen eraus.

Aus mënschlechen Iwwerleeungen eraus, well mer der Menong sin, dass ee Mënsch ee Mënsch as, egal wat fir eng

Nationalitéit dass hien huet, egal wat fir eng Rass oder Religioun oder Hautfaarf hien huet, egal wou hie gezwongen as, séng Aarbechtsplaz ze fannen, fir säi Brout ze verdingen. Dass all Mënsch muss gläich behandelt gin, an och déi gläich Méiglechkeete muss gebuede kréien, fir sech kënnen ze entfalten, fir kënnen e mënschewürdegt Liewen ze féieren. Mer müssen eis nämlech bewusst sin, dass grond-sätzlech d'Friemaarbechter an hir Familjen keng aner Problemer hun, wéi déi einheimesch Bevölkerung och, nëmmen dass bei de Friemaarbechter sech d'Problemer nach méi drasteg a méi akut weisen. Ech brauch an deem Zesummenhank nëmmen op Problemer am Zesummenhank mat den Echecen an der Schoul, op d'Problematik vun der Wunneng, vun der Sécherheet op der Aarbechtsplaz, vun der Vollbeschäftigung, an sou weider ze erënneren, fir ze beweisen, dass d'Lëtzebuerger déiselwecht Problemer hun, Problemer, déi bei de Friemaarbechter an hire Familjen awer méi drasteg an Erscheinung trieden.

Wann ee vun der wirtschaftlecher Säit de Phänomen Friemaarbechter belicht, stellt ee fest, dass vun 1960 bis 1975 d'Zuel vun den auslännesche Beschäftegten an der ganzer Industrie vun 28,9% op iwwer 51% an d'Luucht gaangen as.

An der Stolindustrie an an de Minièren as dese Prozentsaz an där selwechter Period vu 15,2 op 34% an d'Luucht gaangen. Dat beweist, dass ouni d'Friemaarbechter eis Wirtschaft nët kënn funktionnéieren, an dass eise Wuelstand, op dee mer eis esou vill bilden, ouni d'Mathëllef vun de Friemaarbechter nët kënn erschafft an och nët garantéiert kënn gi fir d'Zukunft.

Dës Zifferen beweisen awer och, dass déijéineg, déi behaupt hun, mir hätten iwwer de Wee vum Ofbau vun de Friemaarbechter d'Aarbechtsloosegkeet exportéiert, komplett niewend dem Dill leien. De Prozentsaz vun de Friemaarbechter as vun 1960 bis 1975 an d'Luucht gaangen an och an de Joren 1973, 1974 an 1975, wou d'Zuel vun de Friemaarbechter eropgaangen as vun 47,4 op 49,8% an dun op 51,2%. Nëmmen 1973 as de Prozentsaz par rapport zu 1972 vu 47,7 op 47,4% eropgaangen, an dat an enger Period vun Héichkonjunktur. Och 1976 as d'Zuel vun de Friemaarbechter par rapport zu 1975 licht zrëckgaangen, an zwar ëm ronn 285 Leit. Dës as bedéngt duurch déi noutwendeg Bremsung vun der Awanderungspolitik an duurch de Réckgank, dee mer an eiser Baubranche ze verzechnen hun. Et kann also kee mat guddem Gewësse behaupten, mir hätten eis Aarbechtsloosegkeet exportéiert, well déi Behauptungen hale kenger sérieuser Analyse stand.

Mat dem Gesetzprojet iwwer d'Schafung vun engem Conseil national de l'immigration verwierkleche mer eng vun den haaptsächlechste Fuerderungen vun der Conférence nationale de l'immigration, déi de Staatssekretär Maurice Thoss am März 1975 aberuff hat. Si reit sech an an déi Moosnamen, déi Lëtzebuerg scho säit 1964 op dem Gebitt vun der Awanderungspolitik bedriwen huet. 1964 huet Lëtzebuerg als éischt EG-Land e Service social fir d'Friemaarbechter geschaff. Dese Service krut 1972 eng gesetzlech Basis, an 1974 as eng national Awanderungskonferenz ageruff gin, an där déi wichtegst Gruppe vun de Friemaarbechter, de Gewerkschaften an och d'Patronat, verschidde

kulturell Associatiounen an déi öffentlech Instanzen, déi en direkten Intérêt un de Problemer vun der Immigration hun, vertruede waren.

Bei der Erklärung vum Här Staatssekretär Thoss iwwer d'Awanderungspolitik vun der Regierung huet hien den 12. Mä 1976 erklärt, dass d'Regierung an Zukunft dofir suerge géng, fir d'Bedürfnisser an déi legitim Fuerderunge vun de Lëtzebuerger, de Friemaarbechter an der Lëtzebuerger Bevölkerung am Aklang ze bréngen.

Hien huet deemools mat Recht och op Aussoe vum Här Barnich, Commissaire à l'immigration, anlässlich vun der Plenarversammlung vun der Conférence sur l'immigration erënnert. Den Här Barnich huet gesot, dass déi mat der Ausan Awanderung verbundene Problemer äusserst vielschichtig sin. All Léisungen, déi proposéiert gin, huet den Här Barnich mat Recht ënnerstrach, Léisungen wéi z.B. d'Sozialhëlfe, wien an aller Hinsicht ongenügend, an dass déi international a bilateral Ofkommen eppes gemeinsam hun, si dréngen nämlech nët bis zur Wuerzel vum Problem duurch.

Déi eenzeg Méiglechkeet heizou as d'aktiv Solidaritéit vun de Friemaarbechter a vun der einheimescher Bevölkerung, déi gemeinsam handele müssen, fir dem Problem un d'Wuerzel ze kommen. Dës gemeinsam Handele wëllt d'Regierung duurch d'Schafung vun deem Conseil national de l'immigration erreechen. Dem Conseil national de l'immigration steet de Regierungskommissär fir Awanderungspolitik, den Här Barnich, als Präsident vir. Ech erlaabe mer och dofir am Numm vun der Sozialkommissioun vun der Chamber dem Här Barnich an all sénge Kollaborateure Merci ze soe fir déi Politik, déi hien am Intérêt vun de Friemaarbechter bis elo hei am Land gemaach huet. Hien huet nët nëmmen dat gemaach, wat gesetzlech vun him verlaangt gin as, mä hien huet och iwwer de perséinlechen Asaz et fäerdeg bruecht, fir e mënschlecht Verhältnis tëschent den Einheimesch an de Friemaarbechter ze realiséieren.

De Conseil setzt sech des weideren aus 21 Mëmbere zesummen, déi vum Familien- a Sozialminister genannt gin. D'Zesummesetzung vun deem Conseil national de l'immigration as wéi folléicht :

- je 1 Vertrieder vum Familienministère, Aarbechtsministère, Education nationale, Justice, Economie et Classes moyennes, Administration de l'Emploi, Association des Villes et Communes,
- 3 Vertrieder vun de repräsentativste Gewerkschaften,
- 3 Patronsvertrieder,
- 3 Vertrieder vun der italescher Communautéit,
- 2 Vertrieder vun de Portugiesen,
- 1 Vertrieder vun de Spuenier,
- 1 vun de Jugoslawen,
- 1 vum Cap Vert.

All Vertrieder hun e Suppléant. Dee Conseil gët bestëmmt op 3 Jor, an e kënn mindestens 2 mol pro Jor zesummen odder ëmmer dann, wann de Präsident odder de Familienminister odder wéinegstens 6 Membere vum Conseil dës fir noutwendeg fannen.

Dese Conseil as e konsultativt Organ, an en ersetzt de Comité directeur beim Service de l'immigration, deem ee virwerfe konnt, dass an him keng Vertrieder vun de Friema-

aarbechter an och keng Verrieder vun de representative Gewerkschaften soutzen.

Mat der aktueller Zesummesetzung vum Conseil national de l'Immigration hun d'Organisatiounen vun de Friemaarbechter sech averstanen erklärt, wéi dëst aus engem Bréif, dee si un de Staatssekretär Maurice Thoss gerichtet hun, klor an däitlech ervirgeet.

Wéi et aus dem Règlement grand-ducal ervirgeet, huet de Conseil folgend Aufgaben.

Art. 1er. — Le conseil national de l'Immigration, appelé ci-après le conseil, est un organe consultatif chargé d'étudier, soit de sa propre initiative, soit à la demande du Ministre de la Famille et de la Solidarité sociale, tous les problèmes se rapportant à l'immigration.

Il donne son avis, à la demande du Gouvernement et dans les délais fixés par celui-ci, sur toutes les mesures qu'il est envisagé de prendre par voie législative, réglementaire ou administrative en rapport avec l'immigration, et il conseille le ministre sur toutes les réformes ou innovations qu'il juge indiquées.

Il présente, de son propre mouvement, au Ministre de la Famille et de la Solidarité sociale toute proposition qu'il juge utile à la promotion sociale, juridique, économique et culturelle des travailleurs migrants et de leur famille.

Les avis et propositions du Conseil sont présentés sous forme de rapports motivés exprimant, le cas échéant, les différents points de vue exposés en son sein".

Ech méngen also, an deem Règlement grand-ducal si klor an däitlech d'Aufgaben an och d'Befugnisse vun deem Conseil festgeluegt.

De Conseil as also chargéiert, fir all Problemer am Zesammenhang mat der Immigration ze studéieren, se in Avis iwwer déi Moossnamen ofzeginn, déi geholl solle ginn, an dëst op Ufro vun der Regierung oder och op eegen Initiativ.

D'Handelskammer an och de Conseil d'Etat ware géint d'Ofschaffung vum bestehende Comité directeur. Si hun, wéi och d'Arbeiterkammer an d'Privatbeamtenkammer, geméngt, dëse Conseil wir ze grouss, fir kënnen eng variabel Aarbecht ze garantéieren. Déi Befürchtungen vum Staatsrot a vun deenen eenzelne Berufschamberen dürfte sech awer duerch d'Praxis an der Zukunft selwer entkräften. Ech méngen, et kann een an esou engem Conseil d'Friemaarbechter net méi einfach ausschléissen, an et war noutwendeg, dass an esou engem Conseil national d'Friemaarbechterorganisatiounen an déi representativ Gewerkschaften vertruete waren. Dass de Comité net ka manner wéi 22 Leit hun, dat gesäit jiddereen an, dee sech an aller Rou nach eng Kéier d'Komposition vun deem Conseil national de l'Immigration ugesäit. Esouwuel d'Zesummesetzung wéi och d'Aufgabe vum Conseil droen deem Rechnung, wat d'Arbeiterkammer an d'Privatbeamtenkammer an hirem Avis folgendermoossen ëmschriwwen hun :

"Nos Chambres apprécient hautement le désir du Gouvernement de donner aux travailleurs immigrants la possibilité d'être consultés au sujet de leurs problèmes spécifiques en institutionnalisant le dialogue entre la communauté luxembourgeoise et les communautés de travailleurs étrangers établis dans le pays.

La réflexion à propos des deux projets sous avis ne peut cependant ignorer les deux phénomènes suivants :

Le premier en est que les immigrants désirent en général conserver leurs caractéristiques nationales ou régionales : leur langue, leurs traditions, leur culture . . . , et qu'ils se refusent donc à être intégrés dans la population luxembourgeoise.

Le second est que le taux d'immigration au Luxembourg est le plus élevé de toute l'Europe, ce qui donne aux problèmes de l'immigration à résoudre chez nous une ampleur et une complexité auxquelles ne se trouvent pas confrontés les autres pays qui, au sein de la Communauté et en Europe, ont également affaire à l'immigration.

Aussi s'impose-t-il de trouver une forme de dialogue qui, tout en permettant aux travailleurs étrangers de faire librement connaître leur avis sur les problèmes qui les concernent, assure cependant, en tout état de cause, la prééminence de l'intérêt général.

Cela peut se faire notamment en allongeant le temps de réflexion, ce qui doit permettre une meilleure compréhension mutuelle entre Luxembourgeois et étrangers, ainsi que l'élaboration de propositions acceptables à la fois pour les communautés de travailleurs étrangers et pour la communauté luxembourgeoise."

Ech méngen, dat as duurch dëse Projet erreecht ginn. Dofir as d'Commission des Affaires sociales vun der Chamber der Opfaassung, dass jhust déi heterogène Zesummesetzung vum Conseil, deem d'Verrieder vun der Regierung, vun de Gewerkschaften, vun de Patronen a vun de Friemaarbechter groupéiert, zu engem bessere géigesäitege Verständnis vun de Problemer géif féieren, an zu Léisungen, déi esouwuel d'Zoustëmmung vun der einheimischer wéi der auslännescher Bevëlkerung kënn fannen.

Mat den Textännerungen, déi de Staatsrot proposéiert huet, as d'Kommission averstanen, z.B. déi, dass am Projet de loi "travailleurs migrants" duurch "travailleurs immigrants" ersat gët, wéll mat "travailleurs migrants" nëmmen déi Ressortissante geméint sinn aus den CE-Länner.

Mat der Rekommandatioun, dass och op geméngeliteschem Plang d'Friemaarbechter sollen zur Mataarbecht a konsultative Kommissiounen erugezu ginn, proposéiert d'Sozialkommission vun der Chamber iech, eestëmmeg dëse Projet unzehuelen.

M. le Président. Il y a 5 orateurs inscrits pour les deux projets. Le premier est l'honorable M. Bollendorff.

M. Bollendorff. Här Präsidant, dir Dammen an dir Hären. Zum éischte Projet 2097 ganz kuur ee Wuert. Et as vum Här Rapporteur Knauf ganz klor duergeluegt ginn, dass duurch d'Gesetz vun 1972, Artikel 27, Alinéa 3 de Minister d'Recht huet, fir de Friemaarbechter de Permis de travail ze entzeien, wann déi ékonomesch Situatioun hei am Land esou schlecht wir, dass se net méi kënnen hei beschäftegt ginn. Elo kréie mer dee Projet hei, an deem entzitt dem Ministre du Travail déi Méiglechkeet. Et kann een also soen, dass mer a puncto Gläichberechtigung um Aarbechtsmaart vun de Friemaarbechter mat den inländeschen Aarbechter e Schrëtt méi wäit ginn. Déi Diskriminatioun, déi bis elo bestanen huet, gët duurch dee Projet hei opgehuewen. Et as eng Fuerderung gewiescht vun de Syndikaten vun de Friemaarbechter. Déi Fuerderung, an dat, wat elo realiséiert gët,

as och konform zu enger Motioun, déi meng Fraktioun scho bei de Budgetsdébatten vun 1975 abruecht hat, de 25. November 1975, dat heescht, nodeem dass déi éischt Réunioun vun der Table ronde eriwuer war. Mir hun deemols scho gesot, et misste verschidde Gesetzprojeten élaboréiert gin "pour faire disparaître les discriminations croissantes", vun deenen ech virdru geschwat hun.

Mir sin also frou, hei feststellen, dass dëse Moment duurch de Projet 2097 esou eng Diskriminatioun aus der Welt geschaaft gët, an dass d'Regierung duurch déi aner Alinéa vum deem Artikel awer nach d'Méiglechkeet huet, fir an de Marché de l'emploi anzegreifen.

Méng Fraktioun as also d'accord mat dësem Projet de loi.

Elo wat de Projet 2098 ugeet. Dee gesäit vir, dass elo e Conseil national de l'immigration geschaf gët.

Am Exposé des motifs vun deem Projet gët ganz zu Recht drop higewisen, dass schon de 24. Juli 1972 – also déi vireg Regierung – ee Projet iwwer d'Action sociale en faveur des immigrants gemat hat, mat enger ganzer Rei vun Artikelen. Ech selwer war Rapporteur deemols. Dee Projet gouf laang hei diskutéiert. En as och deemols bal à l'unanimité vun der Chambre ugeholl gin, an hat also gutt Effeten. Am Exposé des motifs vun dësem Gesetz steet dran: "Le Luxembourg était le premier pays membre du Marché Commun à institutionnaliser l'action sociale en faveur des immigrants". Dat war 1972, et darf een och net vergiessen, dass déi vireg Regierung do e wichtege Jalon gesat hat.

Mir wëssen alleguer haut – an do gët den Här Staatssekretär mir och Recht – dass d'Effet vum deem Projet do bénéfique waren, dass do vill Guddes gelescht konnt gin, souwuel duurch dee Service, deen deemols op d'Bee gesat gouf, dee Service à l'immigration, dee gefouert gët vum Här Barnich. Elo grad huet den Här Regenwetter dee Mann hei gelueft. Mir si frou, dee Luef aus dem Mond vum Här Regenwetter hei ze héieren, a mir schléissen eis selbstverständlech och deene Wieder un. Mir sin och frou, dass dat hei vun engem Membre vun der sozialistescher Fraktioun gesot gin as, well nët sämtlech Membren an der Vergaangenheet hun dat selwecht hei gesot iwwer dee Service.

(Interruptions.)

Ech hun näischt vum Här Hengel gesot, mä nët sämtlech Membren hun ëmmer dat hei gesot, wat den Här Regenwetter gesot huet.

Mir schléissen eis selbstverständlech deem un, et as richtig, wat hie gesot huet, dee Service huet viles gelescht, souguer ier en institutionnaliséiert war, also virun 72 an och elo. Ech füge bäi, en huet dat esouguer gemat, well de perséinlechen Asaz vun deem Mann, wéi et ganz richtig gesot gin as, ganz grouss as, an obschon dee Service ganz moer, och nach haut, mat Leit équipéiert as. Do sitt dir mat eis d'accord, do misst och gesuergt gin, dass nët nëmmen déi 3 Assistenten, déi do figuréieren, alles as, an eventuell eng Schreifkraaft, mä dass nach aner néideg Leit, déi do gebraucht gin, sollte bäikommen.

Also engersäits duurch dee Service do, mä och duurch dee Comité directeur, well do steet och am Exposé des motifs dran, an zu Recht, ech si ganz d'accord domat, dass

deen Travail vom Comité directeur och largement positif war. Dat musse mir och unerkennen. Et as richtig, wéi hei gesot gin as, déi 10 Membren, déi do an deem Comité waren, dat waren nëmme Vertrieder vu lëtzebuerger Organisatiounen odder lëtzebuerger Departementer. Et ware keng Vertrieder derbäi vun de Syndikater odder vun de Gruppementen vun de friemen Aarbechter. Duerfir maache mir jo hei déi Aennerong, fir dass déi kënnen, wéi et ganz richtig vum Här Rapporteur gesot gin as, dora mat zu Wuerd kommen. Ech géng awer direkt soen, dee Comité directeur gët elo ersat an dësem Projet duurch e Conseil national, wat iwwregens deen eenzegen Objektiv vun dësem Gesetz as. Dee Conseil national war iwwregens prefiguréiert an där Conférence nationale de l'immigration, déi 1974 vum Här Staatssekretär Thoss op d'Bee bruecht gin as, fir ze erreechen, dass den Dialog tëschent deene verschiddene Pouvoirs publics an Administratiounen lëtzebuerger Säits an andersäits tëschent de Vertrieder vun den Ouvriers immigrants, sollt erlichtert kënne gin, an dass dee soll ausgebaut gin.

Et war gutt, dass dat gemat gin as, dat approuvéiere mir, dat war wünschenswäert, an et war noutwendeg, do besteeft guer keen Zweifel. Mir sin alleguer domat d'accord.

Déi Saach hei, dass dee Conseil sollt institutionnaliséiert gin, as och eng Fuerderung vun de Vertrieder vun den Immigranten. Et as d'Proposition Nr 6, wa mir de Rapport final huele vun där Kommissioun do, vun der Commission conditions de vie, vun der Conférence nationale de l'immigration.

Do steet also d'Proposition Nr 6 dran als Fuerderung, dass dee Conseil national soll institutionnaliséiert gin. Dat war am Ufank vun 1976, am März/Abrëll, dat as scho bal 1 1/2 Jor hir, an elo freet ee sech awer, fir wat d'Regierung esou laang huet misse waarden, bal 1 1/2 Jor, fir eis dëse Projet de loi virzeleën, obschon dee Projet weider näischt enthält. Een eenzegen Objektiv as, de Comité directeur ëmzewandelen an de Conseil national, an dann 8 Vertrieder vun deene friemen Aarbechter mat doran ze huelen. Dat as dat eenzeg, wat an deem Projet dran as. Fir wat huet d'Regierung do 1 1/2 Jor gebraucht, fir eis esou e Projet ze bréngen? Et as eng Innovatioun, dat as richtig, mä et hätt awer och anescht kënne virgaange gin, dat steet jo däitlech an deene verschiddenen Avisen vun deene Beruffschämbren dran, Commerce, Travail, Employés privés an och vum Conseil d'Etat. Et hätt een och kënnen einfach duurch e Règlement grand-ducal virgoen an dat selwecht erreechen, wat mir hei duurch e Gesetz erreecht hun. Awer op éng vill méi schnell Manéier, dat hätt kënnen direkt d'lescht Jor am Mä geschéien duurch e Règlement grand-ducal.

M. Regenwetter. Dat hätt jo och schon 72 kënne geschéien.

M. Bollendorff. Do hu mir e Gesetz gemat an e Comité directeur, an do as 74 de Conseil national komm, an dorophin hätt kënnen op Grond vun deem Gesetz einfach mat engem Règlement grand-ducal virgaange gin.

Dat wär absolut méiglech gewiescht.

Et hätt ee kënnen dee Conseil national de l'immigration ustrécken un de Comité directeur, an dee roueg bestoe

loossen. Et freet ee sech also, fir wat d'Regierung déi Saach elo 1 Jor an 3/4 Méint verschleeft huet ?

M. Regenwetter. Vun 64 - 72 huet de Service ouni legal Basis funktionnéiert.

M. Bollendorff. Mir bréngen elo hei den Accord. Mir hätten en och scho virun engem Jor bruecht, mir hätten e virun 1 1/2 Jor bruecht, wa mir domat saisiéiert gi wären.

Mä et gët hei gesot, et muss e Gesetz gin, fir dass dat méi feierlech as, déi Solennitéit steet iwwerall an deem Projet dran. Ech froe mech awer, wat d'Immigrante sech mat der Solennitéit do kafe kënnen, glat guer näischt.

M. Regenwetter. Wat konnte se sech da virdru kafen, wéi guer näischt do war.

M. Bollendorff. Et as vill geschafft gin, dir hut jo selwer gesot, wéivill gemat gin as, Här Regenwetter, späitst iech nët op de Kënn. Mir sin der Menong, dass d'Regierung Zäit gewanne wollt, well se Angscht huet virun deem Courage, dee se d'lescht Jor bewisen huet, a virun deene Conclusiounen, déi an deem leschte Pabeier vun der Conférence nationale dra stin.

Duerfir zitt si et fir, sech hei deen Air ze gin, eppes Feierlech ze maachen, mä a Wiirkelechkeet as et eng Sefebloos, déi se an d'Luucht fléie léisst, fir dass d'Immigranten dobausse solle mengen, wat wonnesch elo geännert wär. Dobäi as guer näischt geännert un der ganzer Situation. Mir wëssen all ganz genau, dass mir déi Leit brauchen, dat as richteg hei gesot gin, dass mir se och gären am Dialog hätten, dat gët hei institutionnaliséiert. Mir sin d'accord domat. Mä fir dat ze erreechen, wat am Papier final vun der Conférence sur l'immigration steet, do muss e Gesetzprojet kommen, an deene verschiddene Gebitter, an deene verschiddene Sparten, ob dat de Logement as odder ob dat den Domaine du Travail as. Esou Projekte, wéi mir deen éischten hei maachen, mussen kommen, esou Gesetzer. Dat muss duurch Gesetzer gemat gin, an dem Domaine vun den Allocations familiales, vun de Primes de naissance, vun der Education postprimaire, fir dass tatsächlech déi Leit eppes spieren an eppes mat ze schwätze kréien. Dat war och de Sënn vun eiser Motioun, déi mir deemools abruecht hun. Do hu mir gesot, dass Diskriminatiounen bestin an deene Gebitter, déi ech elo opgezielt hun, an dass duerfir missten eng Rei vu Gesetzprojete kommen. Ech rappeliere se nëmmen. Ech weess ganz genau, dass dat Aarbecht kascht, an dass mir zu deene Projekte stin, wann d'Regierung se bréngt, mä d'Regierung bréngt se eben nët, an duerfir mengt si, mat deem Projet hei hätt si villes gemat.

(M. SCHAUS prend la présidence.)

Mir sin d'accord mam Projet, mir wäere scho virun 1 1/2 Jor d'accord gewiescht, well et as e Projet, deen absolut am Gesetz vun 1972 schon enthalen as, et as nëmmen d'Auswäitung vum Gesetz vun 1972. Mir bedauern awer dee laangen an den onnëtzten Emwee, fir hei zu deem moere But ze kommen.

Ech soen iech merci.

M. le Président. La parole est au prochain orateur inscrit, l'honorable M. Hengel.

M. Hengel. Här Präsident, Madam, dir Hären. Déi zwee Projeten, déi mir haut diskutéiere respektiv stëmmen sollen, an déi am Interesse vun eisen auslännesche Matbierger sin, bréngen keng fundamental Neierungen. Wann et esou fundamental noutwendeg gewiescht wär, dann hätt et jo virdru scho misse gemat gin. Also si mir nët esou réckstänneg, wéi den Här Bollendorff dat elo wollt hei gleewe loossen.

Et geet drëm, verschidden Artikelen aus de Gesetzer vun 1972 ëmzeänneren, déi trotzdeem hir Bedeitung hun, zemol hir Aennerong gewësse Fuerderunge vun den Immigranten an hire befrëndeten Organisatiounen entsprechen. Obwuel déi béid Projeten un a fir sech och keen eigentlech politesche Charakter hun, sin si engersäits fir d'Wirtschafts- an d'Sozialliewen, an anerersäits fir de Gesondheetsschutz an spezieller Bedeitung. Déi Problemer si scho geleentlech vun der nationaler Awanderungskonferenz Enn 1975 zur Sprooch komm, an deemools huet den Här Staatssekretär Thoss bei der Debatt iwwer de Problem vun de Friemaar-bechter am Mä 1976 ugekënnegt, dass d'Regierung kuerz- fristeg Projekte fir d'Ofännerung vun deenen zwee Gesetzer hei an der Chämber géng deponéieren. An der Sozialkommission as och a Präsenz vum Här Staatssekretär ganz sachlech iwwer de Froekomplex diskutéiert gin, wat ech als Präsident vun der Kommission well ervirhiewen, an déi zwee Projekte si mat enger Enthaltung – wéi de Rapporteur et gesot huet – zum Vote recommandéiert gin.

Mat ménger Kolleeg vun der Kommission well ech nach beluewendend ervirhiewen, dass och d'Projeté fir déi néideg groussherzoglech Reglementer den Dokumenter bäilougen, wat leider nët ëmmer de Fall as, so dass all Mëmber vun der Kommission sech e geneet Bild iwwer d'Auswirkunge vun de Gesetzer konnt maachen.

Mat dem eigentlechen Inhalt vun deenen zwee Gesetzer well ech mech nët am Einzelnen ausermesetzen. Wourëm et bei deenen Aennerunge geet, as ausféierlech an de parlamentareschen Dokumenter opgefouert, an ergänzend duerzou hun och déi zwee Rapporteren eis weider Erklärunge gin.

D'Gesetz vum 28. März 1972 huet bekanntlech den Numm "loi Schaus" kritt. Et handelt sech dobäi ëm eng zesummefaassend Reglementatioun vun den Openthaltbestëmmunge fir Auslänner, hir medezinesch Ennersichung an hir Beschäftegung. Deemols as d'Gesetz allgemeng begréisst gin, an der Folleg dann awer vun de militanten Organisatiounen vun den Immigranten schaarf kritiséiert gin, well et der Regierung laut dem Artikel 27 méiglech gewiescht wär, de Permis de travail ze refuséieren am Fall, wou d'Situatioun um Aarbechtsmaart sech verschlechtert hätt. Onnéideg as et ze ernimmen, dass d'LSAP-DP-Regierung, obschon d'Beschäftigungslag sech wesentlech verschlechtert huet entretemps, bis elo kee Gebrauch vun der Méiglechkeet gemat huet, de Permis nët ze ernenneren, sou wéi dat vu méngem Kolleeg Regenwetter als Rapporteur virdru schon hei ugedäit gin as.

Lëtzebuerg huet am Laaf vun der Zäit an als klengt Land eng ganz liberal Awanderungspolitik bedriwwen. Emmer scho goufen et Leit, déi déijéineg, déi fir den Aarbechts-

maart responsabel waren, derzou brénge wollten, all Aschränkungen opzehiewen a nach an engem méi grouse Mooss Auslänner an d'Land kommen ze loosse, déi nët nëmmen als méi wëlleg mä virun allem als méi bëlleg Aarbechtskräften vu gewëssene Patronë virgezu gin. Grad awer déi falsch Loun- a Sozialpolitik a bestëmmte Sektoren huet derzou gefouert, dass a steigendem Mooss héich-qualifizéiert lëtzebuergesch Kräfte et virgezu hun, an aner Wirtschaftszweiger schaffen ze goen, während och geléiert Auslänner erëm zrëck an hir Heemecht gaange sin. Festhale wëll ech awer bei dëser Geleënheet, dass et jiddefalls nët eng restriktiv Awanderungspolitik war, déi Schold un der Tatsaach as, dass mir haut an engem Deel vun eiser Wirtschaft Iwwerschëss un Aarbechtskräften hun, et awer an anere Sektoren nët genügend Aarbechtskräfte gët. Während mat der Zäit déi intellektuell Beruffer gefördert gi sin, as den Zoustrom vu Lëtzebuurger zu manuellen a qualifizéierte Beruffer zrëckgaangen. Eisen heitege Beschäftigungsproblem kann op d'Dauer nëmmen eng Léisung fannen, wann déi manuell Beruffer revaloriséiert gin. Bei aller Fortschrëttlechkeet kënne mir nët op eng minimal Reglementatioun vun der Beschäftigung a vum Openthalt vun Auslänner a Lëtzebuerg verzichten, well et nët nëmme gëlt, den einheimische Schaffenden e gewësse Schutz ze gin, mä an nët manner grousem Mooss och deenen Auslänner, déi schon zënter enger méi oder wéineger langer Zäit bei eis am Land liewen.

Wa Lëtzebuerg haut, am Géigesaz zu deene meeschten aneren europäesche Länner, nët déi gläich Beschäftigungsproblemer kennt, dann, well am Laaf vun der Zäit ënner anerem eng massiv an onkontrolléiert Immigration am Géigesaz zu de Fuerderunge vum Patronat an och vu gewësse Politiker nët toleréiert gin as.

Iwwregens war dat nët nëmmen am Intresse vun de Lëtzebuurger selwer, mä vun engem groussen Deel vun den Auslänner.

Mat de fräie Gewerkschafte war méng Partei ëmmer der Menong, dass et onverständeg gewiescht wär, Auslänner ouni Aschränkung an d'Land kommen ze loosse, wann nët gläichzäiteg fir mënschewürdeg Ennerkënf gesuergt gëng gin, d'aarbechts- a sozialrechtlech Uspréich an engem gréisseren Mooss garantéiert a fir d'Integratioun vun den Auslänner am allgemenge méi gemat géif gin.

Munchem Patron stunge bëlleg Aarbechtskräften zur Verfügung, während fir hirt Logement leider näischt, oder nëmmen an ongenügendem Mooss eppes gemaacht gin as, an anerersäits d'Allgemengheet och z.B. d'Käschte fir d'Formatioun, d'Schoulbildung vun de Kanner ze droe kritt huet. D'Gesetz vun 1972 huet déi verschidde lëtzebuergesch gesetzlech Dispositiounen un d'Virschreft vum der EWG, mat Bezuch op d'Fräizügigkeet vun den Aarbechtskräften ugepasst. Ech kënnt dem Här Bollendorff do soen, dass dat also nët grad esou fräiwëlleg gemaacht gin as, mä ganz einfach, well mer och vu Bréissel hir iwwerhaupt opgefuerdert gi waren, nët nëmme mir, mä och déi aner Länner vun der Communautéit, fir dat ze maachen.

Esou z.B. as déi bis dohi virgeschniwwen Aarbechts- genehmegung an e Permis de travail ëmgeännert gin. Domat as enger gewerkschaftlecher Fuerderung entsprach gin, wéi et iwwerhaupt d'Gewerkschaften an d'sozialistesche Parteien

an éischter Linn waren, déi bei der EWG am Sënn vu fortschrëttleche gemeinschaftleche Regelunge fir d'Wander- an d'Saisonaarbechter agetratt sin. Laut dem Projet, dee mer diskutéieren, soll an der Zukunft de Minister zwar e Permis nët méi kënne entzéien, je no deem wéi d'Beschäftigungslag as, e behält awer d'Méiglechkeet, en eventuel nët méi ze erneieren.

Hebei sin awer gewëss Kritiken ze berücksichtegen.

Op jidde Fall si willkürlech Verweigerungen ausgeschloss an den Auslänner Garantien ageraumt. Et diirf ugehooll gin, dass mat der Ofännerung vum Gesetz vun 1972 eis auslännesch Matbiirger, déi schon zënter langer Zäit am Land ussëg sin, an och hir Organisatiounen d'accord sin, wéi dat iwwregens schon hei gesot gin as an engem Brëif och un de Secrétaire d'Etat.

Jiddefalls läit se am Sënn vun der Awanderungskonferenz gelegentlech vun där eng Iwwerwaachung eleng vum Aarbechtsmaart als noutwendeg unerkannt gin as, well nëmmen doduurch séng reell Opnahmeméiglechkeete richteg anzuschätze sin.

D'Sozialiste wäerte jiddefalls de Projet No 2097 stëmmen.

Wat den 2. Projet ubetrëfft, betreffend d'Action sociale am Intérêt vun den Auslänner, mat deem en nationalen Immigrationsrot an d'Liewe geruff gët, so fennt en d'Zoustëmmung vun der sozialistescher Fraktioun.

Wéi keen anert europäescht Land as Lëtzebuerg zënter ville Jore séngen Obligatiounen vis-à-vis vun den auslänneschen Aarbechtskräften nokomm, an ënner anerem as an eisem Land als 1. an der EWG 1964 e Service d'assistance sociale geschafe gin, deen zënter 1969 un de Famijministèreum rattachéiert as. Virdru war e Fonctionnaire vun der Gewerbeinspektioun mat der Betreieung vun de Friemaarbechter chargéiert. Am Jor 1972 koum et dann zum Vote vun engem Gesetz betreffend d'sozial Aktioun am Intérêt vun deenen Auslänner, déi am Grand-Duché ussëg sin. Deemools, et deet mer leed, dass den Här Bollendorff elo nët méi hei as, soss gëng en héieren, hun ech als mandatierte Spriecher vu ménger Partei de Standpunkt vertratt, dass et méi richteg gewiescht wir, de Service de la main d'oeuvre étrangère un d'nationalt Aarbechtsamt unzegliedderen, statt als Dingschtstell un de Famijministère. Dës Menong huet sech bis haut och nët changéiert. Domat wëll ech nët am allergeréngsten déi gutt an déi villfälteg Aktivitéit vum Service a Fro stellen, an dat bestätegen, wat hei scho gesot gin as, dass dee Service a sai Personal mat bescheidene Moyenen ganz vill Aarbecht geleescht hun. Och ech gëng mech deene Felicitatiounen, déi hei ausgedréckt si gin, uschlëssen. Séngerzäit hat ech d'Befürchtung, dass d'Zouglidderung éier aus politesche Motiven eraus un de Famijministère gëng geschéien. Eierlecherweis muss ech ervirhiewen, a fir wat sollt een, dir Hären, nët en Iirtom zouginn, a muss ech also zouginn, dass weder a politescher nach a gewerkschaftlecher Hisiicht vum Service aus irgend- eng Beaflossung vun den Auslänner konstatéiert gi wir. Kuurz a gutt, obschon de Service, esou wéi e besteet, séng Aarbechte gutt erleedegt huet, soll elo eng Verbesserung vun der Action sociale en faveur des immigrants gesetzlech an d'Wee geleet gin. Dat war, wéi scho gesot, bei der Awanderungskonferenz diskutéiert gin, gewënscht a vum

Staatssekretär Thoss am Numm vun der Regierung och versprach gin. Deemools hat den Ausschuss, dee sech mat de Liewensbedingunge vun den Immigranten beschäftigt huet, ënner anerem d'Schafung vun engem iirweschten Awanderungsrot proposéiert. Bei der 1. Zesummekunft vun de Konferenzteilnehmer war bekanntlech e Koordinationsausschuss gegrënnt gin, deen elo praktesch institutionnaliséiert soll gin. Aus dem fréiere Comité directeur, deen de Service de la main d'oeuvre assistéiert huet, gët elo e regelrechten "iirweschten Awanderungsrot". Déi wiirkelech fundamental Neierung wärd dora bestoen, dass an deem Gremium künfteg och Vertrieeder vun deene verschiddenen Ausländergruppen an och vun de representative Gewerkschaften wärte setzen, am Géigesaz zum bisherege Comité, deem nëmme Vertrieeder vun de Ministère, den Administratiounen an de Chambres professionnelles ugehéiert hun.

D'Gewerkschaftsvertreeder sin ersat gi sengerzäit duurch déjéineg vun de Chambres professionnelles an engem Moment, wéi bekanntlech eng Majoritéit vun der Chambre du Travail systematesch géint den LAV virgaangen as, obschon dës Leit op LAV-Lëscht gewielt gi waren. Bedauerlecherweis huet sech déi deemoleg CSV-DP-Majoritéit beaflosse gelooss, an esou hu missten d'LAV an d'LCGB-Gewerkschaftler dobausse bleiwen. En Amendement, dee mer deemools hei virgeluegt haten, fir dat ze änneren, as awer ofgeleent gin.

Déi Zäit si schon Amendementen ofgeleent gin, Här Regenwetter, dir waart nach nüt derbäi, mä dat war déi Zäit och schon esou. D'Zesummesetzung, déi de neie Conseil national de l'immigration soll kréien, gesäit also niewend de Vertrieeder vun de Ministère an den Administratiounen awer och Vertrieeder vun den Ausländergruppen, a mäi Kolleg Regenwetter huet se hei opgezielt, vir, an direkt Gewerkschaftsdelegéiert. Dass et nüt esou einfach konnt gewiescht sin, virun allem eng richteg Pondéatioun, wat d'Ausländer ugeet, ze fannen, steet fest, an dach meng mer, dass d'Regierung, no laangen Iwwerleeungen an Etüden, zu deenen zueleméissege Verriedungen, sou wéi se am Projet enthalte sin, kouw. En iirweschten nationalen Immigrationsrot, egal wéi en och zesummegeat as, as nüt an der Lag, all Probleemer, déi d'Ausländer an hir Familien ugin, ze léisen. An da gët et ëmmer nach, zemol während der momentaner Rezessioun, nüt weineg Probleemer, deenen d'Friemaarbechter vis-à-vis stin, an déi vun engem Deel vun de Lëtzeburger verstan gin, während et nach wéi vor Leit gët, deenen d'Rechter, déi d'Ausländer genéissen, schon ze wäit gin. Hirer Menong no sollten d'Immigranten dach eigentlech frou sin, iwwerhaupt diirfen op Lëtzebuerg ze kommen an hei Aarbecht ze fannen, déi et hinnen erlaabt, eingermooßen ze liewen. Dass déi Leit mat esou Iwwerleeungen a virun allem esou engem Comportement deem schlimmste Razismus huldeg, dee se selwer z.B. bei den Amerikaner weinst hirer Politik vis-à-vis vun der schwaazer Bevölkerung condemnéieren, mierken déi Leit nüt emol. Fir opgeklärt an éierlech Bürger as esou eng Attitüd einfach onverständlech, an dat ëmsou méi, well dach intelligent Mënschen dach mierken a wësse missten, dass et an der Haaptsaach déi schwéierst, knaschtegst, gesondheetsschiedlech, a virun allem schlecht bezuelten Aarbechtsposte sin, déi vun Ausländer hire Fraen a Kanner besat gin, fir déi

évaluéiert Lëtzeburger nüt méi ze kréie sin. Onerklärlech sin déi Stëmme, déi verlaangen, dass een dach d'Ausländer soll heemschécken, fir d'Kris ze bewältegen. Ganz ofgesinn emol vun der mënschlecher Sait hir, déi zum Deel esouguer gutt Chrëschte kal léisst, soubal Opfer verlaangt gin, ignoréiere munnech sat Wuelstandsbiirger, dass fir vill Aarbechte keng Lëtzeburger ze kréie sin, dass et esouguer Leit gët, déi léiwer stampele géngen, wéi eng hirem Rang, hirer Herkunft odder och hirer Léier entspriechend Berufstätigkeit, a sief et och nëmme vorübergehend, unzehuelen. Lëtzebuerg zielt weiderhin zu deene Länner mat wäit aus där niddregster Aarbechtsloosenzuel, selbstverständlech as dat relativ par rapport zur Bevölkerungszuel gemengt. An dat an aller 1. Linn dank deene Beschäftigungspolitischer Mesuren, déi vun der Regierung an Zesummenaarbecht mat de Gewerkschaften an deene leschte Joren ergraff si gin. Nüt nëmme falsch, mä am groussen Mooss ongerecht vis-à-vis vun den Ausländer wir et gewiescht, wa mer systematesch d'Aarbechtsloosegkeet exportéiert hätten. Tatsaach as, dass eis auslännesch Bürger wesentlech sozial Garantié genéissen, während déi meescht aner Länner wäit manner sozialfortschrittlech handelen, an dat speziell, ouni dass een do am Detail kann drop agoen, wat d'Sozialversicherungen ugeet.

Am Regierungsprogramm vun der LSAP/DP-Regierung war sengerzäit d'Aberuffung vun enger nationaler Awanderungskonferenz an d'Erstellung vun enger soziologescher Etüd iwwert déi villfältig Awanderungsproblemer annoncéiert gin. Entre-temps sin d'Bedingungen, ënnert deenen d'Ausländer d'Lëtzeburger Nationalitéit kënnen kréien, bei wäitem verbessert gin. Am Intérêt vun den auslänneschen Famillen selwer as d'illegal Awanderung besser kontrolléiert, d'Ausländer gi mat Bezuch op Entschädigung bei Deelaarbechtsloosegkeet deene Lëtzeburgergeschen Aarbechter gläichgestallt, Aarbechtsloosenennerstëtzung kréien d'Ausländer grad esou wéi d'Lëtzeburger, Ausländer genéissen déi selwecht aarbechtsrechtlech Schutzbestëmmunge wéi Lëtzeburger, um Gebitt vum Wunnéngsbau huet sech munneches gebessert, wann och d'Reglementer an deene groussen Gemenge Lëtzebuerg an Esch nüt ëmmer agehale gin.

An och do géng ech gär dem Här Bollendorff, wann en nach hei wir, deen jo och eng wichteg Fonktioun hei an der Gemeng Lëtzebuerg huet, soen, dass, wann e plädéiert hei fir méi grouss Rechter vun den Ausländer, dass hien da vläicht eng aner Initiativ hätt kënnen ergreifen, déi doranner bestanen hätt, dass an der Sozialkommissioun vun der Gemeng Lëtzebuerg och Immigranten, ech kommen nach doropper, esou wéi an deen nationalen Immigrationsrot elo sëtze kommen, dass en hei an der Gemeng Lëtzebuerg, esou wéi dat zu Esch geschitt as, dofir gesuergt hätt, dass och Ausländer komm wieren, et geet also nüt duer, wéi den Här Bollendorff dat gewinnt as, a mir vun him nüt anescht kennen, zwar hei grouss Téin vu sech gët, mä do, wou en awer Responsabilitéit huet, do denkt en nüt drun, datselwecht, wat en hei verlaangt, ze maachen.

Här Präsident, Madam, dir Hären, laang ir et déi gesetzelch Schutzbestëmmungen a Moossname vu Saiten vun de politeschen Instanzen gin huet, waren d'Gewerkschaften hei am Land bestreift, d'Intérëten vun den auslänneschen Aarbechter a Mitglieder ze verrieden. Si sin nüt nëmme hei a Lëtzebuerg, mä och bei den Instanzen vun der EWG a

Bréissel fréizäitlech scho fir gemeinschaftlech Regelunge fir Wander- a Saisonarbechter agetratt. Den LAV z.B., ech mengen beim LCGB war et bis virun etlecher Zäit och esou, beschäftegt zënter iwwer 25 Jor bezuelt Fonktionnären, déi sech ausschliesslech deenen auslänneschen Aarbechter an hire Problemer widmen, déi hinne berodend zur Sait stin, an déi deene Leit op ville Gebidder am Laf vun der Zäit gehollef hun.

An et muss hei och drun erënnert gin, dass den LAV an den LCGB sech zënter ville Jore schon dofir agesat hun, fir dass an de Betriber bei Ausschusswalen den Auslänner esouguer dat aktivt wéi dat passivt Walrecht soll ageraumt gin. Lëtzebuerg war laang Zäit dat eenzegt Land, an deem Auslänner e gewéssert Matsprooch- an esouguer Matbestëmmungsrecht souwuel an de Betriber wéi an de Gewerkschafte genoss hun.

Anersäits kënnen Auslänner hei am Land bei gewéssene sozialpolitesche Waleen och wielen a matbestëmmen. Wéi kënnt op d'Dauer dofir ugeholl gin, dass e groussen Deel vun deene Leit, déi hei a Lëtzebuerg zwar schaffen, Steiere bezuelen, an och um allgemenge Wuelstand deelhuelen, awer dach nëmmen e Minimum vu Rechter gewerkschaftlecher, sozialer, a virun allem politescher Natur genéissen ?

A propos politesch Rechter !

Mir wëssen alleguer, dass et sech dobäi ëm e ganz delikat a komplizéiert Problem handelt. Grondsätzlech muss ee gerechterweis positiv dozou age stellt sin. Uléisslech vun der 1. Tagung vun der Einwanderungskonferenz hat den Här Staatssekretär Thoss séngersäits erklärt, d'Regierung sténg deem Gedanke positiv vis-à-vis, a si wir bereet, an deem Sënn am EWG-Ministerrot ze wirken. Mat der Regierung huet sech gläichzäiteg d'Vereinegung vun de Stied an de Gemenge mat ähnlechen Initiativen averstanen erklärt. Allefalls menge mir, dass eng Léisung op europäeschem Niveau muss fonnt gi fir d'Auslänner, déi eng Mindestzäit an deem engen oder aneren EWG-Stat geliewt hun. Mat dem Regierungspriecher op der Awanderungskonferenz mengen och méng sozialistesche Kolleegen an ech, dass en attendant vun enger Aennerung vun der nationaler Gesetzgebung als 1. Schrëtt op d'Araume vu politesche Rechten op kommunalem Plang konsultativ Ausschëss einzusetze wieren, an also zumindest hei d'Auslänner hir Stëmm zu Gehéier kënnte bréngen.

Mir kennen de ganz schlëmme Problem vum lëtzebueresche Gebuerteréckgang, deen zwangseefeg mat der Zäit, a mäi Kolleeg Regenwetter hat virdrun eng Parti Zifferen, Prozentsaz, wat d'lëtzebueresch Main d'oeuvre par rapport zu där auslännescher ugeet, hei relevéiert, an dee Problem, dee wäert sech mat de Jore vill méi aggravierien, an d'Iwwerfriemung hëllt dofir zou. Wéi awer op d'Dauer enger ganz grousser Minoritéit vu Mënschen a Lëtzebuerg all politesch Rechter kënne refuséiert gin, as nët lücht ze explizéieren. Enner anere Problemen, wéi scho gesot, muss och des Fro am nationalen Immigratiounsrot behandelt gin. Iwwert d'Recht op Aarbecht, anstänneg Bezuelung, Anhalung vun allen aarbechtsrechtliche Bestëmmungen, Schutz géint Krankheet, Invaliditéit an Alter, Aarbechtsloosegkeet, asw. eraus sin et speziel Wunnungsproblemer an d'Ausbildung vun den auslännesche Kanner, déi souwuel

deene Betreffene selwer, wéi och dem Stat an de Gemengen, déi gréisste Suerge bereeden.

Och doriwwer as, an nët eréischt, dat sief gesot, an der Awanderungskonferenz laang a breed debattéiert an d'Fuerderunge vun Säite vun den Auslänner gestallt gin. Fréier Regierungen an och Gemenge sin an engem méi oder manner grouse Mooss beméit, ënnert deene gegebenen Emstänn a mat deene Moyerén, déi disponibel sin, fir Léisungen ze suergen.

Dat wäert och an der Zukunft nët anescht sin. Ze erwaarden as, an déi Hoffnung hu mer, an den neien Awanderungsrot, deen elo gegrënnt gët, dee mer mat deem Projet hei sollte stëmmen, dass dee sech wäert mat deenen 2 kapitale Problemer do ausféierlech befaassen, obschon mer natiirlech keng Wonner kënnen erwarden. Bis virun e puer Jor huet et, égal wat een och dofir als Explikatioun kënnt uféieren, keng eigentlech Awanderungspolitik gin. Bis zum Enn vun de 50er Jore war d'Awanderung d'Saach vun de Patronen, während de Stat nëmmen intervenéiert huet, fir d'Awanderung ze legaliséieren an d'Astellong an den Openthalt hei am Land selwer ze reglementéieren.

Mat de Joren as d'Aarbechterklass stänneg zrëckgaangen, an déi Prozenter kenne mer, de Kolleeg Regenwetter huet virdrun vun 51% geschwat, an dee Prozentsaz, dee geet zwangseefeg nach an d'Luucht. Iwwerhaupt wäert eis d'Land a séng Industrie ouni Auslänner op d'Dauer nët méi liwensfähig bleiwen.

Emsou méi as et dem Här Staatssekretär Thoss an der heiteger Regierung ze danken, dass endlech eng ëmfaassend Bestandsopnam aller Aart vun all deene Problemer, déi mat der Awanderung zesummenhängen, ausgeschafft a virgeluecht gin as, a schliesslech am Kader vun der Awanderungskonferenz am Dezember 1974 konnt diskutéiert gin. De Conseil national de l'immigration, dee mer hei mam Projet 2098 stëmmen, wäert praktesch d'Institutionnalisierung vun der séngerzäiteger Konferenz gin. Domat kann den Immigratiounsrot, wéi dat vu méngem Kolleeg Marcel Schlechter bei den Diskussiounen iwwert d'Awanderungspolitik vun der Regierung am Mee 1976 hei betount gi war, ähnlech wéi d'Berufschämbren zum permanente Gesprächspartner vun den öffentlechen Instanzen an de Froe vun de Friemaarbechter gin.

Direkt Entscheedungsbefugnisser kritt en nët, e bleiwt weider och e konsultativt Organ. Wa bei den Diskussiounen an der Sozialkommissioun gemengt gi war, d'Regierung ging elo eng weider Kommissioun créieren, dann huet awer dach den CSV-Spriecher, wéi e gesot huet, sech fir eng Kéier d'accord mat der Schafung vun enger neier Kommissioun erklärt. Mat deem Spriecher hofft och méng Fraktioun, dass de Rot aktiv wäert tätég gin, an nët wéi den CSV-Spriecher an der Kommissioun gefaart huet, vun de Beamten ofhängeg bleiwe soll.

Ofschléissend, Här Präsident, dir Hären, wëllt ech nach ervirhiewen, dass mat dem Vote vun deenen zwee Gesetzer, also der Ofschafung vun där esou laang kritisierter sougenannter "loi Schaus" engersäits, an der Aféierung vun engem ieweschten Immigratiounsrot anersäits wesentlech Fuerderunge vun der nationaler Immigratiounskonferenz, also déi Fuerderunge vun deene verschiddenen Auslänner-

gruppe vun der LSAP/DP-Regierung erfüllt gin. An et wäert domat eng weider Voraussetzung zu engem kontinuierlechen Dialog geschafe gin tëschent politeschen Instanzen an de berufenen Auslännevertreter. Mat menger Fraktion hoffen an erwaarden ech, dass et am Intérêt vun onsen auslännesche Matburger an hirer méi schneller Integratioun an ons Gesellschaft zu engem fruchtbaren Zesummeschaffe ka kommen.

Ech soen iech merci.

M. le Président. La parole est à l'honorable M. Bousser.

M. Bousser. Här Präsident, dir Hären. D'Friemaarbechter, iwwert déi ewell Bicher a Säite voll geschriwwen an eng Onmass Wierder geschwat si gin, stin haut erëm op en Neits zur Debatt. D'Ursaach dervun as déi, dass et sech ëm dat vläicht an deem Moment liebenswichtigst Problem vun eise Land dréit, an zwar op 2 Plangen. Et geet engersäits ëm dat wirtschaftlecht, an anersäits ëm dat demographesch Iwwerliewe vun eise Land.

Eisen Här Staatsminister huet um Kongress vu senger Partei, déi jo bei allem d'Primeur huet, deklariert, d'Spezialiste géiwe sech d'Fro stellen, ob fir Lëtzebuerg iwwerhaupt nach eng Rettung méiglech wir, wat déi demographesch Situatioun ugeet, do, wou d'Halschecht vun de Schoulkanner auslännescher Nationalitéit sin, an do, wou méi Awunner iwwert 65 Jor al wire wéi Kanner ënner 15 Jor.

Dat as eng ganz batter Wouerecht, déi d'Versoe vun der Famijepolitik ënnersträicht, déi bis elo vun dëser Regierung gemaach as gin. Dat heescht, et as bis elo bei e puer absolut nët zefriddestellende Broutgrimmelen a schéine Wierder bliwen.

Et as demno eng absolut Noutwendegkeet, dass mer déi Mënschen, déi vun aneren Nationalitéiten an eis Vollekskommunautéit komme wëllen, an eist Land huelen an integréieren, wa se de Wonsch derno ausdrécken, a wa se déi noutwendeg Konditiounen erfüllen.

Um wirtschaftleche Plang hu mer an de Boomjoren déi auslännesch Aarbechtskräfte regelrecht ausgebeut, well se meeschtens ënner mënschenonwirdige Bedingungen, wat d'Liewens- an d'Wunnverhältnissen ugin, am Produktiounsprozess stungen.

Déi Pafendaler Katastroph an aner Tatsaachen, déi an d'Oeffentlechkeet gedronge sin, hun einwandfrei bewisen, dass trotz der materieller Loverswucherei hei Mënsche logéiert sin, déi schlëmmer Verhältnissen mussen iwwert sech ergoe loossen, wéi d'Prisonnéier an eise Gronn.

Et ka kee Mënsch widderleeën, dass souwuel wat de soziale Wunnéngsbau an de Bau vu Logementen fir d'Friemaarbechter ugeet, bis elo bei Weitem nët genuch geschitt as, an déi 500 Milliounen, déi den neie Prisong kascht, wire vill besser ugewand gewiescht, wa mer fir d'Friemaarbechter Wunnechte gebaut hätten.

Dass trotzdem d'Regierung iwwert d'Gesetz . . .

M. Hengel. Wat eng Demagogie.

M. Bousser. Dir maacht ni Demagogie, Här Hengel. Alles, wat der sot, as Demagogie, a Plättelerei. Beweist de Géegen-

deel, dass et nët besser gewiescht wir, mer hätten déi 500 Milliounen fir Friemaarbechterwunnéng gebaut, wéi fir e Palast fir d'Prisonnéier. Dat seet all Mënsch an dësem Land, nëmme dir wëllt dat nët bekäppen. Ee gudden Dag git der et gewuer.

Dass trotzdem d'Regierung iwwert d'Gesetz vum 24. Juli 1972 "concernant l'action sociale en faveur des immigrants" grouss Verpflichtungen iwwerholl huet, déi nët agehale si gin, steet am Artikel 3.

Ech maachen hei kee Wäirauch, wéi dat elo virdu gemaach as gin, well d'Situatioun as duerfir menger Ansicht no vill zevill grave.

Am Artikel 3) vun deem Gesetz steet dat hei: "Le service de l'immigration s'occupera du logement et de l'hébergement des immigrants; il surveillera les conditions d'hygiène et de salubrité de ces logements. Il pourra créer et gérer lui-même ou collaborer avec d'autres organismes à la création et à la gestion d'un ou plusieurs centres d'accueil ou foyers pour héberger provisoirement les ouvriers étrangers."

Il contrôlera les logements loués aux ouvriers étrangers par l'Etat, les communes, des personnes ou des organisations privées."

Ech froe mech, wéini a wou déi Kontrolle gemaach si gin. Ech hätt gär do vum Här Staatssekretär Opschloss, ob iwwerhaupt esou Kontrolle gemaach si gin. Ech sin iwwerzeegt, dass dat nët de Fall as. Ben, an deem Artikel 3) do, dat war e schéine grouss Programm, dee leider nët zum Droe komm as.

Dovu kënnen haut nach Dausende vu Portugiesen e Liddche sangen, an eis schéi grouss Zeitung "Tatata", déi huet e puer grouss Reportage bruecht, wou jhust op déi Zoustänn mat Biller higewise gin as, wéi Mënschen do a Lächer hausen, déi tatsächlech eiser alleguer, nët der Regierung eleng, mä eiser alleguer onwürdeg sin.

Wou do de Mënsch am Mëttelpunkt steet, Thèse, déi ëmmer an ëmmer iwwerall vun eiser LSAP vertrueden as gin, dat kann ee wirklech nët méi erausfannen.

An do muss ee sech d'Fro stellen, ob den Här Thorn nët Recht huet, wann en zu Ettelbréck behaupt huet, d'demokratesch Partei hätt d'Sozialisten aus hirem marxistesche Ghetto erausgefouert.

Den Här Thorn huet nët gesot, fir wéini dass déi zwou Parteien wëlles hun, ze fusionnéieren, dat huet en nët gesot. Mä an allem Fall hu mer de mëtten och hei vun engem Riedner héieren, dass d'Sozialisten elo op eemol erëm ganz gudd a brav sozial Demokrate gi sin, an dat as jo op deem Wee zuer Fusioun mat der DP.

Mä wat nach méi charakteristesche as, as d'Agständnis vum Här Thorn, dass an dëser Koalitioun d'DP d'Missioun hätt, d'Patronat roueg ze behalen, an d'Sozialisten hätten d'Missioun, d'Gewerkschaft roueg ze behalen.

Besser hätt ee jo d'Verfilzung vu Politik mam Grousskapital engersäits a mat de Gewerkschaften anersäits nët beweise kënnen.

An och dobäi sin d'Friemaarbechter déi Leidtragend.

Ewell d'lescht Jor, wéi d'Kris schon am Gaang war, virun der Vakanz hu vill Friemaarbechter vun hirem Patron e Bréifche kritt, an deem Bréifche stung dann dran, de Patron

weisst nët, weini a wou dass se kënten hir Aarbechter erëmhuelen.

Si missten also dermat rechnen, dass se nët méi erëm agestellt géife gin. Eng ganz Parti vun deene Leit hun et da ganz einfach mat der Angscht ze di kritt, an déi sin iwwerhaupt nët méi erëmmkomm.

Esou eng Statistik besteet och nët. Mer gin ni gewuer, wivill Leit d'lescht Jor nët méi aus der Vakanz erëmmkomm sin, a wivill dass der sech ofgesat hun an der Zwëschenzäit, déi virgezun hun, erëm an hir Heemecht ze goen.

Eng ganz Parti huet also virgezun, nët méi heihin ze kommen, an trotzdem, an dat huet och den Här Thoss an engem Bericht gesot, musse mer ëmmer nach am Bau nach viru Friemaarbechter astellen.

Nëmmen ech géif do bieden, dass mer ganz virsichteg virgin, well an deem Moment d'öffentlech Hand eng ganz Mass Aarbechte vergëtt, grouss Baute vergëtt, an Infrastrukturaarbechte maache léisst, mat der Ursach, mer misste jo d'Kris am Bau sichen ewech ze kréien, esou dass ee misst elo déi Aarbechten ausféiere loossen.

Dat kënnt derzou féieren, fir déi Aarbechten am Délai ze maachen, dass mer elo nach eng Kéier zevill Leit gingen astellen, an dann hätte mer op eemol dach och am Bau eng Iwwerzuel vun Aarbechtskräften hei am Land.

Et misst dach méiglech sin, an ech hun dat hei scho gesot, an den Här Hengel huet dat och gesot, dass een d'lëtzebuerger Aarbechtskräften, déi keng Aarbecht hun, an de Bau drainéiere kënnt, quitte dass een deene Leit bestëmmt Faveure mécht.

An de Boomjore si se mat alle méiglechen Zockerféngercher an d'Land gelackelt gin, an ech erënnere mech un eng Zäit, wou ganz grouss Kommissiounen mat allerhand Leit dann a Portugal gefuer sin. Si hu sech déi Leit virstelle gelooss, a si hu gesot den Nr 2 huele mer, den Nr 3 huele mer, den Nr 6 huele mer, genee wéi wann ee Véi géng engagéieren, an déi hun dann déi mat an d'Land bruecht, an déi sin dann tatsächlech an de Prozess vun der Produktioun agesat gin, an déi hu fir eng ganz Mass Leit grouss Beneficer erausgeschafft.

De Staatsrot hieft a séngem Avis ervir, dass an de Joren 1970 - 1975 42 000 Friemaarbechter engagéiert si gin, wouvu 70% aus de Länner vum Marché commun koumen, déi jo nët ënner déi Reglementéierung hei falen, vun dese Gesetzter falen déi nët drënner, déi falen ënner aner Reglementer, déi fir de Marché commun gëlteg sin, an 30% aus Drëttlänner, wouvun déi grouss Majoritéit Portugieser sin.

D'Friemaarbechter si ganz besonnesch, an déi allermeescht si beim Bau beschäftegt gin, a wéi de Bau gaangen as, as alles gaang.

Dat as haut leider nët méi de Fall, an duerfir huet d'Nofro um Aarbechtsmaart ganz staark nogelooss.

Wat elo d'Auswirkunge vun der Aennerung vum Artikel 27 vum Gesetz vum 28. März 1972 ugeet, as et nët méi wéi gerecht, dass een déi Klausel, déi all Permis de travail ofruefe kann zu all Zäit, zu all Minutt, wa Krisenzäiten do sin, an d'Friemaarbechter kënnt een dann do mat deem Artikel einfach heemschécken.

(M. VANDEN BULCKE reprend la présidence.)

Et wir zevill kamoud, dass een do Mënsche géng komme loossen an d'Land, an sou laang wéi se géngen hëllefen, 'Profit maachen, géng ee se dann hei loossen, a wann dat géng ofhuelen, wan d'Comande géngen noloossen, da géng een se erëm heemschécken, also dat wir eng Method, mengen ech, déi an eise Jorhonnert iwwerhaupt nët méi zouléisseg as, an ech muss jo och soen, dass dat Gesetz, an déi Artikelen, déi vum Reglement ëmgeännert gin, dass déi nët weltumstürzend sin, et si kleng Verbesserungen, mat deenen ee kann d'accord sin, mä ménger Ansicht no as d'Geschicht vum soziale Wunnéngsbau a vun de Wunnéngen fir déi Leit, dass se mënschewürdeg Wunnéngen hun, dat as primordial an iwwerschreit dat hei bei weidem, well, duurch déi nei Reglementatioun, wann den Absatz 3 vum Artikel 27, wann deen ewechfällt, da kréien déi Aarbechter eng Garanti méi, dass se nët méi kënnen heemgeschéckt gin, wa se wëllen am Land bleiwen, an dass se och Aarbechtsloosenentschädigung kréien, wa se keng Aarbecht hun.

Dat parallelt Reglement ännert verschidde Karenzzeiten och fir d'Dauer vum Permis de travail sou, dass een eischer dee Permis kritt, den illimitéiert as, an et sin där schon eng ganz Mass dobäi, déi am Land sin. Et betrëfft also nët ganz vill Leit, déi elo e Permis kréien, fir dauernd kënnen hei ze bleiwen, mä ëmmerhi gët et verbessert an deem Sënn, dass si iwwerhaupt nët méi kënnen heemgeschéckt gin, och wa mir a Krisenzäite liewen.

Ech mengen also, déi Aennerunge vum Alinéa 3 vum Artikel 27 an déi Aennerunge vum parallele Reglement si vun alle bejot gin. Mir bejoen déi och. Wat Aennerunge vun den Artikelen 5 a 6 vum Gesetz vum 24. Juli 1972 ugeet, deen e Conseil national de l'immigration schafft, mengen ech, kann een dee ganz roueg bejoen. Et wärd keen an der Chämber sin, deen dogéint wär, dass lues a lues déi Leit, déi ons an der Produktioun hëllef kommen, an déi ons onse Wuelstand erhalen, esou wäit et méiglech as, dass déi och kënnen e Wiirtche matschwätzen an deene Gremien, wou et fir si noutwendeg as. Dat as hei eben esou e Gremium am Conseil national. Do gi si mat erugezun a kënnen do hir Suergen a Kloe virbréngen. Domat maache mir e Schrëtt weider an der Integratioun vun de Friemaarbechter. Dat musse mir mat alle Mëttele versichen, eben duurch déi demographesch Lag, an där mir sin. Wann een e weinog zréckkuckt an et liest een all déi italienesch Nimm, déi an onsem Vollek dra sin, da kann een nët soen, si hätten sech nët gutt integréiert. Dat sin haut ganz gutt Lëtzebuerger, a Gott sei Dank setzen déi och nach Kanner op d'Welt, déi herno ménger Ansicht no och gutt Lëtzebuerger sin. Wa mir där nach fannen, da soll dat ons recht sin. Ech mengen, dat hei wär eng ganz kleng Hëllef. Ech mengen nach eng Kéier, de Wunnéngsbau géng villméi dozou beihëllefen, fir d'Integratioun ze maachen, an déi kulturell Bewegung am Land, dass mir mat deene Leit Contact ophuelen. Dat géng méi dozou bäidroen wéi des zwee Gesetzter. Emmerhi stëmme mir des zwee Gesetzter.

M. le Président. La parole est à l'honorable M. Backes.

M. Backes. Här Präsident, Madam, dir Hären. De Projet 2097 verfolgecht en dueblen Objectif: en ännert den Artikel 27 vum Gesetz vum 28. März 1972 an hält och eng

Modifikatioun um Règlement grand-ducal vum 12. Mä 1972 vir, déi dann och muss ofgeännert gin.

D'Gesetz vum 1972 reglementéiert d'Entrée an de Séjour vun den Auslänner bei ons am Land. Et bezéit sech op de Contrôle médical an op d'Beschäftegung vun der auslännescher odder friemer Main-d'oeuvre.

D'Aennerong vum Artikel 27 besteet ausschliesslech der Ofschafung vum Alinéa 3 vun deem Artikel. D'Autorité compétente konnt gemäss deem Alinéa 3 de Retrait vum Pervis de travail ordonnéieren, wann d'Situatioun um Aarbechtsmaart derart évoluéiert huet, dass, wann een an deem Moment eng Demande fir en éischte Pervis gefrot hätt odder eng Demande fir eng Erneuerung, dann déi refuséiert wär gin. An deselwechte Konditiounen hätt och e valable Pervis de travail kënnen zréckgezu gin.

Dat wor eng Bestëmmung, déi d'Friemaarbechter nët nëmme veronséichert, mä och ganz staark beonrouegt huet. Déi Bestëmmung as staark kritizéiert gi vun den Organisatiounen vun de Friemaarbechter, déi dodran eng bestëmmt Insécuritéit vun hirer Aarbechtsplaz gesinn, an och zu Recht.

Ech mengen, et besteet op sämtleche Bänken hei d'Unanimitéit, wa mir unerkennen, datt de Friemaarbechter zu engem groussen Deel zum Wuelstand vun onsem Land beigedroen huet. Ech mengen, mir sin ons dat schëlleg, och de Friemaarbechter déi Rechter zoukommen ze loosser, déi mir als Lëtzebuerger hun, an hinne besser Intégratiouns-méiglechkeeten ze gin.

Wat den industrielle Sektor ubelaangt, hu mir 51,2% auslännesch Aarbechtskräften do beschäftegt. Dat beweist genuch, wéivill Wäert mir drop musse leën, mat alle Méttelen ze versichen, lues a lues déi Diskriminierung, déi tëschent de Lëtzebuerger an de Friemaarbechter besteet, ofzebauen.

Déijeneg vun ons, déi d'Geleënheet haten, bei der Conférence nationale de l'immigration dobäi ze sin, déi den 22.3.1975 op Initiative vun der Regierung aberuf gin as, konnte feststellen, dass deen ominösen Artikel d'Haaptfuerderunge vun den Organisatiounen vun de Friemaarbechter wor. Meng Partei as frou, fir kënnen dee Projet ze stëmmen.

Well nun awer de Règlement grand-ducal vum 12.5.1972, dee gehol as gin an d'Ausféierung vum Artikel 24 vum Gesetz vum 28.3.1972, déi Bestëmmung vum Artikel 27 textuell iwwerhol huet, do muss deen och adaptéiert gin.

Dat geschitt duurch den Artikel 3, deen den Text sub 4 vum Alinéa 2 vum Artikel 10 ofschafft.

Domat wäeren déi 2 Texter, dee vum Gesetz an dee vum 28.3.1972, wéi och dee vum Règlement grand-ducal vum 12.5.1972 een op deen aneren ofgestëmmt a wäeren och juristeschen an der Rei.

Doriwwer eraus profitéiert d'Regierung vun deser Geleënheet, fir weider Erlichterungen a Modifikatiounen um Règlement virzehuelen. Dat si Mesuren am Intérêt vun de Friemaarbechter, Mesuren, déi Erlichterunge bréngen, wat elo d'Résidence am Land ubelaangt, wéi och fir d'Beschäftegungsdauer, fir déi eenzel Pervis de travail ze kréien.

Sou soll beim Pervis B esouwuel d'Condition de Résidence wéi och d'Beschäftegungsdauer vun 2 Jor op 1 Jor

erofgesat gin, an déi maximal Validitéit soll vu 5 op 4 Jor reduzéiert gin.

Desweidere soll, fir den definitive Pervis C ze kréien, d'Condition de résidence wéi och d'Beschäftegungsdauer vu 7 op 5 Jor fixéiert gin.

An Zukunft as d'Prozedur dann elo dës: De Friemaarbechter, deen ënnert dem Couvert vum Pervis de travail A an d'Land kënnt, ka gleich no engem Jor de Pervis B beantragen, deen hien autoriséiert, weider 4 Jor am Land ze schaffen. No enger Gesamtresidence vu 5 Jor also kann hien de Pervis C beantragen, wat him, wann hien dee kritt, definitiv d'Autorisatioun gët, am Land wunnen ze bleiwen a beschäftegt ze gin.

Ons Partei stëmmt och deem Règlement zou, wat zesumme mat dem Gesetz wesentlech Erlichterunge fir d'Friemaarbechter brennt.

De Projet 2098 ännert d'Artikelen 5 a 6 vum Gesetz vum 24. Juli 1972 an deem Sënn ëm, datt de Comité-directeur, deen de Service de l'immigration flanquéiert, duurch e Conseil national de l'immigration ersat gët. Dat as e Wonsch, deen d'Delegéierte vun de Friemaarbechter op der nationaler Immigratiounskonferenz zum Ausdrock bruecht hun. Deen nei ze schafende Conseil setzt sech mat dem Commissaire à l'immigration aus 22 Membren zesummen, wougéint den ale Comité-directeur nëmme aus 11 Delegéiert bestan huet.

D'Erweiterung vum Conseil op 22 Membren as jhustifizéiert, an d'Grënn, déi heizou gefoert hun, sin am Exposé des motifs exposéiert gin. Hauptsächlich as ze begrëissen, dass d'Friemaarbechter mat 8 Membren an deem Conseil national vertruede sin an domat, entgéint der aler Prozedur, d'Sauvegarde vun hiren Intérëten an d'Hand huele kënnen.

D'Zesummesetzung vum Conseil fënd och d'Zoustëmmung vum Conseil de coordination, deen uschlëssend un d'Conférence nationale de l'immigration geschaf gin as. Wann och verschidde Berufschämbren der Menong woren, et hätt ee kënnen den ale Comité-directeur bestoe loosser, fir deen ze assistéieren duurch e Conseil de l'immigration, do as d'Argument vun der Regierung, datt dat zevill e grousst Organ géng gin, mat zevill Membren. Ech mengen, dat as e pertinent Argument. An der Form, wéi hei vun der Regierung den Text proposéiert gin as, as et och ons Partei, déi dee Projet stëmmt.

Ech wollt vun deser Geleënheet profitéieren, fir op folgendes hinzeweisen, wat nët mat dem Droit du travail ze din huet, mä wat Bezuch huet op d'Pensiounen. Ech wëll mech heimat méi un den Aarbechtsminister, den Här Berg, wenden, wéi un de Staatssekretär Thoss. Wa mir elo dëst Gesetz an och dëst Règlement gestëmmt hun, erëm eng Kéier de Beweis erbruecht hun, dass mir als Lëtzebuerger Land lues a lues versichen, nach bestehend Barriëren ofzebauen, déi tëschent lëtzebuerger Ressortissants a Friemaarbechter bestin, an de Beweis erbréngen, dass mir vis-à-vis vun de Friemaarbechter déi Engagementer respektéieren, déi mir um communautaire Plang agin, mengen ech, misst een als Lëtzebuerger kënnen datselwecht erwarde fir ons Ressortissants vun de Nopeschlänner. Dat as eng Remarque, déi ech maachen a Bezuch op d'Renten. Virun 2, 3 Deeg as mir e Fall zougedroe gin, speziell wat d'Fransousen an

d'Belge ugeet, wou Lëtzebuerger, déi an deenen 2 Länner geschafft hun an och do op Grond vun hirer Tätigkeet eng Rent zegutt hun, déi dann zréck op Lëtzebuerg schaffe kommen an dann eng perséinlech Rent hun, dass, wann da Frankreich odder d'Belge dat spatz kréien, dann higin an hir Egeleeschtung a Frankreich, an der Belge, ëm de Betrag, dee si hei vun der perséinlecher Rent zu Lëtzebuerg kréien, kieren. Wa mir ons Engagementer vis-à-vis vun de Friemaarbechter respektéieren, da misste mir dat och kënnen erwarde vun den anere Länner vis-à-vis vun de Lëtzebuerger. Do wëll ech en Appel un den Aarbechtsminister, den Här Berg, maachen, bei Geleënheet, wou déi Problemer nach eng Kéier zur Diskussioun kommen, an deem Sënn ze wirken, dass och ons Lëtzebuerger grad esou chic an elegant behandelt gin, wéi mir dat hei mat den auslänneschen Aarbechter maachen.

Ech soen iech merci.

M. le Président. La parole est à l'honorable M. Bisdorff.

Je crois qu'il ne serait plus indiqué d'attendre encore la prise de position du Gouvernement. Nous entendrons utilement M. le Secrétaire d'état demain au début de la séance et avant le vote sur les deux projets.

M. Bisdorff. Här Präsident, Madam, dir Hären. Den éischte vun dësen diskutéierte Gesetzprojeten as ee vun deenen, déi dëser Regierung besonnesch angenehm sin. 1. ass et e Projet ouni grouss Tragweid, streicht aus engem fréiere Gesetz en Abschnitt, dee bis elo souwéiso ni applizéiert gin as, an 2. as en nët mat budgétaire Konsequenze verbonden. Well awer dat grossherzoglecht Reglement, dat am Zesammenhang mat dësem Gesetz geholl gët, verschidde Verbesserunge bréngt mat der Erdeelung vun der Aarbechts-erlaabnis, stëmme mir fir dëst Gesetz.

Den 2. Projet, deem iwwer de Conseil national de l'immigration, ënnerstreicht, dass dëse Moment onst Land vun enger richteger Epidemie vun Tripartitis erfaasst gët. Virun e puer Deeg hate mir déi europäesch Tripartite um Kiirchbiereg, mir hun déi national, déi elo nach tagt, a mat dësem Gesetzprojet, deem de Conseil national de l'immigration afféiert, gët erëm eng Art drëtt Tripartite gebild. Si soll d'Problemer vun de Friemaarbechter léisen hëllef.

Dës Problemer sin awer an éischter Ligne och déi vun de Lëtzebuerger Aarbechter, an esou wéineg wéi d'Tripartite hir Problemer, déi sech am Zesammenhang mat der Krise stellen, léise kann, esou wéineg werd de Conseil national de l'immigration déi wesentlech Problemer vun den agewanderten Aarbechter léisen. Dat geet schon eleng aus der Zesummesetzung vum Conseil ervir, wou d'Friemaarbechter hoffnungslos an der Minoritéit sin an hir spezifesch Fuerderung secher schwéier werden durchsetze kënnen.

Et geet och aus dem Modus ervir, wéi si bestëmmt gin. Zwar gi si vum Familien- a Sozialminister ernannt op Proposition hi vun hiren Organisatiounen. Mir hätten hei léiwer Wale gesinn.

Eng drëtt Ursach, fir wat d'Wirksamkeet vun dësem Conseil werd ageschränkt sin, as seng Schwéierfällgkeet an der Aarbechtsweis. De Conseil national de l'immigration werd nëmmen iwwert de Minister mat den öffentlechen Autoritéiten a Contact trieden an nët direkt.

Dës Feststellung geet duer, fir dëse Conseil als e weidert Glitt an der Kette vun den Institutiounen vun der Klassenkollaboratioun ze charakteriséieren. D'Handelskammer, als Verriederin vum Patronat, wollt dëse Charakter bis op d'Aeusserst dreiw, a si verlaangt, dass de Conseil national de l'immigration dem Comité-directeur, deem dem Service de l'immigration ugeschloss wor, sollt beigueuerdnet gin. Dat as glécklecherweis nët zréckgehal gin, an de Comité-directeur gët mat dësem Gesetz ofgeschafft. Offenbar hun d'Organisatiounen vun de Friemaarbechter sech mat der Zesummesetzung a Funktiounsweis vun dësem Conseil averstan erklärt. Dofir werde mir ons him nët entgéintsetzen awer skeptesch bleiwen a Bezuch zur Aarbecht, déi si a Wirklecheit ka leeschten, an dat besonnesch ugesichts vun deem, wat de Service de l'immigration bis elo z.B. um Gebitt vun de Wunnénge vun de Friemaarbechter gemaach huet.

M. le Président. Ceci termine la liste des interventions des orateurs inscrits. Monsieur le Secrétaire d'Etat, si j'ai bien compris, vous préféreriez prendre la parole au début de la séance. Il nous reste donc à clôturer la présente séance et à reprendre nos travaux demain à 14 heures 30 minutes.

La séance est levée.

(Fin de la séance à 17 heures 50 minutes.)